

hei dovù schwätzen, fir Kanner zum Liesen ze bréngen, d'Elteren zum Liesen ze bréngen, da musse mer déi Nationalbibliothéik plus de Réseau vun de Gemengebibliothéiken entwéckelen; den Här Schank ass jo do ganz aktiv. Ech weess, datt och am Kulturministère schonn éischt Initiative geholl gi sinn, mä dat muss weidergoen. Déi mussen entwéckelt ginn. Ech menge schonn, datt mer dat musse pousséieren, soss brauche mer eis net ze wonneren, wa Leit net déi Mëttele fannen, fir déi Lieskultur ze entwéckelen. Dat war just déi Remarque, déi ech maache wollt.

An als lescht Remarque, Här President, am Numm vum Här Scheuer, deen dat am Eifer des Gefechts vergiess hat, wollt ech zwou Motiounen hei déposéieren, déi ënnerschriww si vun den Deputéierte vun der CSV a vun der LSAP.

Merci.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant que l'étude PIRLS montre qu'en moyenne les élèves de cinquième année primaire ont de bonnes compétences en lecture;

- considérant que la même étude montre que la plupart des élèves ont une attitude défavorable à la lecture;

- considérant que l'étude PIRLS montre que le taux des parents des élèves de l'école publique n'ayant pas pu poursuivre des études au-delà de la neuvième année est très élevé par rapport à d'autres pays;

- considérant que l'étude PIRLS montre que par rapport à d'autres pays les parents s'expriment de façon négative au sujet du climat qui règne dans l'école;

- considérant que le taux de redoublement est très élevé tant à l'enseignement primaire qu'à l'enseignement postprimaire;

- considérant que l'étude PISA 2006 montre que les compétences acquises en langues, en mathématiques et en sciences par les élèves âgés de 15 ans sont aussi peu élevées qu'elles ne l'étaient à l'occasion de l'étude PISA 2003;

- considérant que les résultats en sciences s'expliquent en partie par l'absence d'un enseignement continu des sciences dans les premières classes de l'enseignement postprimaire;

- considérant que les élèves des classes participant au projet PROCI (projet «cycle inférieur») ont obtenu de meilleurs résultats en langues, en mathématiques et en sciences;

invite le Gouvernement

- à poursuivre la mise en place d'un enseignement visant l'acquisition de compétences ainsi que le réajustement de l'enseignement des langues tel que préconisé par le Plan d'action langues;

- à intensifier l'apprentissage de la lecture en y associant les structures d'accueil pour enfants, les organismes œuvrant dans le domaine de la promotion de la lecture ainsi que les réseaux de bibliothèques;

- à identifier les paramètres de climat scolaire favorable et à diffuser des exemples de bonne pratique;

- à concevoir l'enseignement et le système des moyens de support scolaire de façon à ce que les déficiences scolaires résultant de différences socioculturelles soient minimisées;

- à mettre en place suivant un concept global applicable à tous les élèves des mesures de promotion différenciées fondées sur l'acquisition de socles de compétences et permettant notamment de réduire les redoublements;

- à introduire un enseignement des sciences transversal dans les premières années de l'enseignement postprimaire;

- à formaliser les aspects constitutifs du projet PROCI afin de faciliter le transfert vers les autres lycées offrant l'enseignement secondaire technique.

(s.) Jos Scheuer, John Castegnaro, Fernand Diederich, Françoise Hetto-Gaasch, Fred Sunnen.

Motion 2

La Chambre des Députés,

- considérant que l'éducation précoce a été introduite en 1998 en tant que projet pilote;

- considérant que la fréquentation de l'éducation précoce est facultative pour les enfants, mais que chaque commune sera dans l'obligation de l'offrir au plus tard à la rentrée 2009-2010;

- considérant que son but est de favoriser l'intégration sociale et scolaire de tous les

enfants à un âge particulièrement important pour leur développement;

- considérant qu'une évaluation qualitative est difficile à réaliser et qu'il est douteux que les dépenses nécessaires à la réalisation d'une telle évaluation se justifient par rapport à la fiabilité des résultats obtenus;

invite le Gouvernement

- à établir un état des lieux sur l'offre de l'éducation précoce dans les communes, notamment sur le volume des plages horaires offertes, les horaires d'ouverture, le taux de fréquentation en relation avec les catégories socioéconomiques des familles;

- à veiller à ce que les communes offrent une prise en charge minimum à partir de l'année 2012;

- à analyser la plus-value pédagogique et éducative offerte par l'éducation précoce.

(s.) Jos Scheuer, John Castegnaro, Fernand Diederich, Françoise Hetto-Gaasch, Fred Sunnen.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Fayot. Den Här Meisch freet nach eng Kéier d'Wuert.

M. Claude Meisch (DP).- Här President, ech hunn e bëssen d'Impressioun wéi wann den Här Fayot mer awer net esou gutt nogelauschtert hat wéi ech eigentlech d'Impressioun hat, datt hie mer nogelauschtert hätt. Dofir wëll ech nach eng Kéier preziséieren, datt ech zwar nach keng 25 Joer d'Geleeënheet hat an enger Schoulkommissioun ze sinn, mä ech awer och elo schonn, mengen ech, am siwente Joer President vun enger Schoulkommissioun sinn, wou mer och zesummeschaffe mat engem Comité de cogestion, an ech hu bestëmmt net behaupt, datt esou eng Zesummenaarbecht ausgeschloss wär, wann ee fir ee Schouldirektor oder fir ee Responsabele pro Schoul géif antrieden, an dofir verstinn ech eigentlech hei seng Remarque net.

Och dat, wat ech gesot hunn am Zesummenhang tëschent Chancëgläichheet an Ideologie, do war et net esou ze verstoen, datt mir der Meenung wären, datt et dat eent oder dat anert wär, mä datt mer scho gären hätten, datt et souwuel d'Chancëgläichheet wéi och de Leeschtungsprinzip misst sinn, an datt mer awer heiansdo d'Impressioun hunn, datt de Leeschtungsprinzip do géif ze kuerz kommen.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Meisch. Elo huet d'Regierung d'Wuert, d'Madame Mady Delvaux-Stehres.

Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Education nationale et de la Formation professionnelle.- Merci, Här President. Ech wollt, Dir Dammen an Dir Hären, lech alleguerte Merci soe fir de Bäitrag zu där Diskussioun, déi jo laang war. Et sinn och ganz vill Froen opgeworf ginn, déi eigentlech net direkt eppes mat PISA ze dinn hunn, mä déi déi eenzel Gesetzesprojeten touchéieren, déi jo de Moment an der Diskussioun sinn, wou mer op d'Avise waarden a wou d'Chamber doriwwer befanne wäert. Dofir, vu d'Zäit a well ech weess, datt eng gewëssen Nervosität herrscht, well nach ee Projet hannendrun diskutéiert gëtt, wollt ech net op all déi Froen do agoen.

Fir mech, wann ech do alles nogelauschtert hunn, hunn ech ausser enger Interventioun, mä vun all deene verstännege Leit hei an der Chamber, eigentlech verstanen, datt et an der Schoulpolitik keng Revolutioun ka ginn, mä eng Entwécklung. Ech hale perséinlech och näischt dovunner, datt een en Haus ofrappt, wann een net een anert scho stoen huet, mä datt mer an déi Richtung musse goen, fir d'Chancëgläichheet an d'Leeschtung mateneen ze kombinéieren. An datt dat méiglech ass weise ganz vill Länner eis, datt et net eng Oppositioun gëtt tëschent deenen zwee, mä datt déi zwee zesummeginn.

An eist Objektiv, an deen, hunn ech d'Impressioun, ass gedeelt vun all de Leit, dat ass, datt mer müssen all Kanner méi héich qualifizéieren, dat heescht déi Gutt fuerderen, fir datt se nach besser ginn, déi Mëttelst méi héich an haaptsächlech och duerno kucken, datt mer net esou vill Kanner verléieren, déi eigentlech déi Kompetenzen, déi se brauchen, fir am Liewe weiderzekommen, datt se déi solle kréien.

Ob dat elo vun eis selwer festgestallt gëtt oder an internationalen Etüden, dat mécht eigentlech kee groussen Ënnerscheed. Et geet drëm: Wéi gi mer op dee Wee? An do si ganz vill Pisten ugezeechent ginn, an ech denken, datt déi Perméabilitéit, méi fréi intervenéieren, datt dat alles déi Recetté sinn, déi an deenen anere Länner identifizéiert gi sinn an déi funktionéieren, an déi bei eis och funktionéiere müssen.

Ech wëll just hei soen, datt et sech net vun uewen dekrétéiert, mä datt et sech scho vun uewen eng Richtung ugëtt, mä datt mir 8.000 Enseignantë musse mat op de Wee huelen, déi all Dag mat de Kanner zesumme sinn a vun deene vill dat Bescht ginn, fir op dee Wee do ze kommen.

Ech hu mat grousser Satisfaktioun déi Diskussioun iwwert d'Liesen nogelauschtert, wat jo effektiv e Schwéierpunkt ass, well mer jo och wëssen, liesen ass d'Voraussetzung fir en erfollegräicht Léieren. Ech menge mir sollten déi esou wäit wéi méiglech allegueren iwwerhuelen a wat méi Initiativen an deem Domän lafen, wat ech natierlech méi frou sinn. Mä vun der Schoul aus wäerte mir och e Plang maachen, wa mer et kënne maachen, fir déi Liesfreed, d'Freed um Liesen ze förderen.

Ech wollt ganz kuerz op déi Fro agoe vun de Sciences naturelles, well jo d'Wëssenschaften eigentlech de Schwéierpunkt ware vun dëser Etüd. Et ass elo net esou, datt mer spontan dunn, wéi mer d'Etüd PISA gesinn hunn, gesot hunn: Oh, elo musse mer eppes fir d'Sciencë maachen an da setze mer eng Stonn bái. Ech mengen, dat situéiert sech an där ganzer Démarche, wou mer amgaange sinn am Ministère fir Socles de compétences ze definéieren.

Dat hu mer jo gemaach, mir sinn nach ëmmer amgaange fir d'Sproochen, an dat geet un an der Spillschoul, beim Précoce bis uewen hinner un d'Enn vun der Scolaritéit. Dat ass richteg fir d'Sproochen, dat ass fir d'Mathematik an dat ass fir d'Sciencen.

A wat eis bei de Sciencë feelt ass effektiv dat vernetzend Denken tëschent deene verschiddene Fächer: Biologie, Physik, Chimie a vill méi praktesch Erfahrung, also méi experimentéieren. A wann een de Kanner net nëmmen Theorie matgi wëllt, mä och dat Ëmsetzen, den Transfert, dat Praktescht, da brauche mer méi Zäit fir an der Schoul och déi Aktivitéite maachen ze kënnen.

An da wollt ech ee lescht Wuert soen zum Projet PROCI, wou ech, mengen ech, virsiichteg genuch war, fir ze soen, datt dat een Hoffnungsschimmer ass, datt dat net en Allheilmittel ass fir alles an der Schoul, mä et geet dorëmmer fir déi Elementer am PROCI, déi identifizéiert gi sinn, datt se erfollegräich sinn, datt mer déi formaliséieren, datt mer net PROCI tel quel an déi aner Schoulen ëmsetzen, well och déi vergaange Joren hu gewisen, datt all Schoul déi Methoden adaptéiert op hire Kontext, an ech si frou, datt mer do awer ee Konsens hunn.

Ech wollt dem Här Mehlen seng Fro kuerz beäntweren. Effektiv si gradesou vill Kanner, déi d'Schoul verlooss hunn, an de Klasse PROCI wéi an de Klassen net PROCI. Dee Prozentsaz ass, wéi d'Statistiker soen, net relevant wat d'Orientatioun ugeet, an ech mengen déi Chifferen hu mir jo selwer erausginn, dat ass d'Evaluatioun, déi mer am Ministère gemaach hunn. Wat mer allerdéngs net hunn, dat ass, wat een nennt, déi berengegt Chifferen, well mir net wëssen, wat d'origine socioprofessionnelle ass.

Mir kënne soen, datt den Echantillon vun deene Kanner, déi a PROCI-Klasse sinn, net absolut dem Echantillon vun all deenen anere Klassen entsprécht. Fir déi do Fro wëssenschaftlech reng ze beäntweren, misste mer déi mat den Donnéeën vun de socioprofessionellen Datë kombinéieren, an dat hu mer an deem heite Fall net gemaach.

(Interruption)

Dat wär net oninteressant, mä, wéi gesot, dat kënne mer dann och kucken, wa mer d'Datë reconstituéiert kréien, da kënne mer dat och berengegen, während déi Resultater, d'Avance vun de Kanner am PROCI op déi aner Kanner am Resultat PISA, déi si mat de socioculturellen Datë berengegt, dat heescht, do ass dat Element mat en considération geholl ginn. Nach hu mer do verschidde Saachen identifizéiert kritt.

Mech freet, datt mer e Konsens dann hei fannen, an dat ass dann de Redoublement, kee Redoublement tëschent der Septième, der Huitième bis op Neuvième respektiv Septième, Sixième bis op Cinquième, ausser wann dat extra gewënscht gëtt. Eng Équipe réduite an eng Définition par compétence, an eng Evaluation, déi méi nuancéiert ass wéi déi klassesch Punkten, déi mer de Moment hunn. Elo wëll ech awer soen, dass dat eng grouss Operatioun ass, fir dat ze transposéieren. Ech si frou dofir de Support vun der Chamber ze hunn. Ech sinn dann och zouversichtlech, dass mer um richtege Wee sinn.

Ech wëll just dem Här Scheuer nach soen, dass déi nächst Etüd PISA, wa mer se matmaachen, PISA 2009 ass. Mir hunn elo d'Resultater vu PISA 2006. Mir sinn elo 2007. Wa mer elo déi Reform vun de Sciences naturelles d'nächst Joer op Sep-

tième ufänken, dann ass dat d'Rentrée 2008, an da sinn déi Kanner 2009 nach net 15 Joer al, fir dass mer dat kéinten 2009 moossen. Dat ass och ee vun de Problemer, well jo awer en Décalage zwëschent enger Mesure ass, déi a Kraaft gesat gëtt. Se gëtt dräi Joer duerno gemooss, a mer hunn d'Resultater véier Joer duerno. Et muss een de Kanner och eng Chance ginn, fir méi al ze ginn.

Däitschland huet e ganz gutt Resultat an de Sciences naturelles, well si ganz vill Aktivitéiten am Virfeld gemaach hunn - Atelierien an der Schoul, ausserhalb vun der Schoul -, fir eben déi Science-Kompetenzen, déi experimentell Kompetenz bei de Kanner ze entwéckelen. Wat hir aner Resultater ugeet, si si konstant, an am Ranking e bësse manner zefridden. Duerfir soen ech ëmmer erëm: Et gëtt keng Wonner an der Schoulpolitik. Et gëtt vill Ausdauer a vill Aarbecht. Ech soen lech Merci fir d'Ënnerstëtzung.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Madame Ministre. Domat si mer um Enn vun der Debatt ukomm.

Mir si konfrontéiert mat zwou Motiounen, déi den honorabelen Här Fayot am Numm vum Här Scheuer déposéiert huet.

Une voix.- Wëllt den Här Scheuer déi dann net emol erklären?

Une autre voix.- Dat ass scho geschitt.

(Interruption)

M. le Président.- Ech wollt d'Fro stellen, ob Dir alleguerte konnt Connaissance huelen heivunner. Wann dat net de Fall ass, da maache mer de Vote eng Stonn méi spéit.

(Interruption)

Ech si kuerz driwwer geflunn. Ech hu gemengt am Exposé vum Här Scheuer gehéiert ze hunn, datt hien do de Contenu vun dëse Motiounen a sengem Exposé abegraff hat.

(Interruption)

Une voix.- Eng Stonn geet net duer. Ech muss mer dat jo iwwersetze loossen.

M. le Président.- Här Scheuer.

M. Jos Scheuer (LSAP).- Här President, Dir hutt mer ganz gutt nogelauschtert. Dat ass tatsächlech esou. Dat, wat ech gesot hunn, reflétéiert d'Motioun, an d'Motioun reflétéiert dat, wat ech gesot hunn.

Une voix.- Très bien!

M. Jos Scheuer (LSAP).- A wann d'Ofstëmmung elo net stattfënn, da waarde mer eng Stënnchen. Bis dohinner hunn d'Kolleege se kritesch gekuckt. Da kënne mer dat maachen.

M. le Président.- Voilà. Très bien!

Dann, Dir Dammen an Dir Hären, komme mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour. Dat ass de Projet de loi 5239, d'Diskussioun iwwert d'Inspection du Travail et des Mines. Et hu sech ageschriwwen: déi honorabel Häre Spautz, Krieps, Castegnaro, d'Madame Loschetter, den Här Gibéryen an den Här Jaerling. D'Wuert huet da fir unzefänken de Rapporteur, den honorabelen Här Marcel Glesener. Här Glesener, Dir hutt d'Wuert.



4. 5239 - Projet de loi

a) portant réforme de l'Inspection du travail et des mines

b) modification du Titre Premier du Livre VI du Code du travail

c) modification de l'article L. 142-3 du Code du travail

Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi

M. Marcel Glesener (CSV), rapporteur.- Merci, Här President. Kolleegeinnen a Kolleegeen, dee Reformprojet, dee mer elo diskutéierten, ass ee vun deene wichtigste Gesetzter am Rumm vun der Aarbechtswelt

a vum Aarbechtsrecht vun dëser Legislatur. Et ass jo réischt 6 Auer. Mir kënnen dat nach schéi gemittlecht maachen. Mir hu jo nach gutt Zäit, esou datt mer eis och am Detail an dee Projet do wäerten eraknéien.

Kolleginnen a Kollegen, d'ITM ass 1902 geschaaft ginn, a si fonctionnéiert haut op enger Gesetzesbasis vum 4. Abrëll 1974. Ganz kuerz, d'Missiounen an d'Aufgabe vun der Gewerbeinspektioun sinn:

Si huet derfir ze suergen, datt d'Gesondheet vun der Aarbechtsgesetzgebung a vun den Aarbechtskonditiounen agehalen a respektéiert gëtt. Ech ginn elo net op den Detail an iwwert d'Villfalt vun där Aarbechtsgesetzgebung.

Doriwwer eraus huet se och d'Aufgab permanent ze iwwerwaache wéi déi kollektivvertraglech Bestëmmungen agehale ginn, a sech mat Zuwiderhandlungen ze saiséieren.

An dann huet d'Gewerbeinspektioun eng wichteg Fonctioun, an zwar d'Sécherheetsbestëmmungen an de Gesondheetsschutz op der Aarbechtsplaz a ronderëm d'Aarbechtsplaz am An ze behalen, ze kontrolléieren an och anzewierke wa festgestallt gëtt, datt déi Sécherheetsbestëmmungen net agehale ginn.

Dann huet d'Gewerbeinspektioun besonnesch Missiounen am Rumm vum Kollektivvertragsgesetz. Ee ganz kuerzt Beispill: De Moment huet an engem grouse Secteur eng Gewerkschaft de Kollektivvertrag ënnerschriwwen. Eier d'allgemeng Verbindlecheheet kann dekréiert gi fir d'Zoustännegkeet fir all Employé an deem Secteur, muss d'Gewerbeinspektioun ee Rapport maachen, ob effektiv d'Konditiounen erfëllt gi si vun der Vertragsfäegkeet wann ee Gewerkschaftler ënnerschriwwen huet, deen net national representativ ass, éier de Minister kann eng Décisioun huelen. Ech mengen also, datt ass eng séier wichteg Kontroll an Aufgab vun der Gewerbeinspektioun.

Wichteg sinn awer och d'Interventiounen, déi d'Gewerbeinspektioun ze leeschten huet bei Aarbechtsaccidenter.

Doriwwer eraus huet d'Gewerbeinspektioun d'Koordinatioun an d'Iwwerwaachung ze maachen, datt d'Personaldelegationswahlen opgrond vun de gesetzleche Bestëmmungen och applizéiert ginn.

Doriwwer eraus ass et och un der Gewerbeinspektioun Suerg ze droen, datt och déi Gesetzgebungen iwwert d'Delegatiounen effektiv an de Betriber esou agehale ginn.

Doriwwer eraus huet d'Gewerbeinspektioun Suerg ze droen inwiefern Direktiven an d'Lëtzebuurger Gesetzgebung rechtméisseg transportéiert ginn.

Doriwwer eraus ass d'Gewerbeinspektioun an engem permanenten Dialog mat der OIT.

Dat bedeit, datt also Kontrollen, Berodungen, Avisen a Sanktiounen vun der Gewerbeinspektioun zu hirem dach dieregen Aarbechtsrhythmus gehéieren.

Wann ech déi Aufgabe vun der Gewerbeinspektioun elo kuerz opgezielt hunn - a mengem schrëftleche Bericht fannt Dir nach méi Detailer -, da stellt ee fest, datt d'Noutwendegkeet vun enger Reform wichteg an noutwendeg ass. Et brauch een nëmmen ze kucke säit 1974 bis 2007 wéi d'Ëmfeld, an deem mer liewen, a wéi och d'Aarbechtsëmwelt an och d'Produktioun an de Betriber changéiert huet. Wann ech nëmmen d'Zuel vun de Beschäftegten huelen. 1974 - dat ass jo d'Basisgesetz - hunn hei zu Lëtzebuerg 114.000 Leit geschafft. Haut am Joer 2007 am Oktober schaffen der 324.000. Also, d'Zuel vun de Beschäftegten huet sech an deenen 33 Joer verdräifacht. Dat ass also schonn ee Beweis iwwert d'Noutwendegkeet, fir der Gewerbeinspektioun déi noutwendeg Strukturen ze ginn, datt se hiren Aufgaben an engem neien Ëmfeld ka gerecht ginn.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Wann ee kuckt wat vun 1974 un am Rumm vun der Gesetzgebung geschitt ass bis haut, da stellt ee fest, datt et wesentlech Erweiderunge gi sinn am Aarbechtsrecht, wou d'Gewerbeinspektioun natierlech ganz staark gefuerdert ass. Doriwwer eraus stellt ee fest, datt haut d'Aarbechtsmethode komplett variéiert hu par rapport zu 1974. Ech denken un d'Informatik. Ech denken un den Télétravail.

Doriwwer eraus stellt ee fest, datt haut mat ganz neie Produktiounsmëttele geschafft gëtt op den Aarbechtsplazen. An déi nei Maschinne si vill méi komplex a vill méi komplizéiert. Sécherheetsbestëmmungen sinn do erfuerdert. Doriwwer eraus, déi ganz chemesch Materialien, déi haut agesat ginn am Produktiounsprozess; d'Ëmweltbelaaschtungen, wéi de Kaméidi. D'mënschlecht Verhalen huet och changéiert säit deene leschten 30 Joer.

Doriwwer eraus ass et - wéi ech dat schonn erwähnt hunn - och ganz wouer, datt internationalen Normen och evaluéiert sinn, déi Lëtzebuerg och ratifizéiert an ëmgesat huet an d'Nationalrecht. Och do huet d'Gewerbeinspektioun maßgeblech eng Bedeelegung, fir och berodend vis-à-vis vun der Regierung a vun deenen zoustännegen Ministere ze wierken. A wann ech da gesi wéi den Transportsecteur explodéiert ass, wann ee kuckt wat 1974 zum Beispill iwwert d'Strooss gaangen ass an et kuckt ee wat am Joer 2007 iwwert d'Strooss geet, da stellt ee fest, datt effektiv do eng enorm Explosioun sech vollzunn huet.

An da kënnt dozou d'Fräizügigkeet vun den Arbeitnehmer am EU-Raum, dee sech op 27 Staten erweert huet, do kënnt Der jo scho feststelle wéi do och d'Gewerbeinspektioun während deene leschte Jorzénge zunehmend gefuerdert ginn ass, fir ze waachen, ob och d'Aarbechtskonditiounen an d'gesetzleche Bestëmmungen, d'Sécherheetsbestëmmungen, d'Autorisations de travail, agehale gi vun alleguerten deene Leit, déi aus dem EU-Raum an och doriwwer eraus op Lëtzebuerg schaffe kommen.

Da muss een och gesi wéi d'Zuel vun de Grenzgänger sech hei praktesch verzéngt huet par rapport zu 1974, mat all deene Problematike grenziwwerschreidend.

Dat war nëmmen ee kuerzt Opzielen, fir ze weisen, datt effektiv eng Reform vun der Gewerbeinspektioun mat Sécherheet iwwerfällg ass. An et ass kloer, datt déi Verännerungen net eréischt haut festgestallt gi sinn, mä scho während Joren. Während Joren ass sech Gedanke gemaach ginn a wellecher Form d'Gewerbeinspektioun misst outilléiert sinn, fir all deenen neien Erausforderunge gerecht ze ginn.

An dat ass net eréischt haut geschitt an och net eréischt viru sechs, siwe Joer, mä schonn Enn 1990, ufanks 1991 ass am Aarbechtsministère ee Reformprojet ausgeschafft ginn, deen awer ni d'Liicht vun der Welt gesinn huet.

Mir waren eis am Klaren, datt eng Reform vun der Gewerbeinspektioun eng ganz komplex Problematik ass, an dofir war d'Regierung gutt beroden, datt se zu engem bestëmmte Moment Hëllef gesicht huet op enger kompetenter Plaz, an zwar um BIT, fir eng objektiv Bëuerteelung ze kréien iwwert d'Entwécklung an iwwert d'Bedürfnisse vun haut, iwwert d'Aart a Weis wéi d'Gewerbeinspektioun schafft a funktionéiert a fir konkret an objektiv Propositione gemaach ze kréien.

Dat ass geschitt. Den 23. Januar 2002 huet de jëtzege Minister, de François Biltgen, offiziell de BIT ëm ee Gutachten, ëm een Audit gebieden. De BIT huet direkt mat der Aarbecht ugefaangen. An engem permanenten Dialog mat de Sozialpartner, mat der Gewerbeinspektioun a mat anere Stellen hei zu Lëtzebuerg ass dann een Audit erstallt ginn. De 14. Januar 2003, praktesch ee Joer méi spéit, ass dann dem Parlament an där zoustänneger Kommissioun dee BIT-Audit virgestallt ginn. Ausgehend vun deene Virstellungen a vun deenen Empfehlunge vum BIT huet dann den Aarbechtsminister am November 2003 ee Gesetzesprojet an der Chamber déposéiert.

Mir hunn an der Chamber am Dezember 2003, datt ginn elo iwwermuer véier Joer, deen éischte Projet vum Minister examiniert a mir haten eng éischt Diskussioun an där zoustänneger Chamberskommissioun. Dobäi ass awer ervirzehiewen, datt de Statsrot Joer iwwer Joer gebraucht huet bis hien een Avis gemaach huet, an deen Avis war voll gespickt mat Oppositionen, mat Virschléi, mat Oppositions formelles, esou datt et noutwendeg war, datt d'Regierung praktesch een neie Projet ausgeschafft an deponéiert huet. De 17. Oktober 2006 hate mer dann déi éischt Diskussioun iwwert deen neie Projet opgrond vun den Avisé vun de Beruffschamberen an opgrond vun deem, wat de Statsrot un Objektionen an u Propositione virbruecht huet.

Dotëschent ass ëmmer Kontakt opgeholl gi mat dem BIT, ob déi nei Virstellungen, wéi d'Regierung se erstallt huet, och konform wäre mat deenen Iddien, déi de BIT proposéiert huet.

Dir esitt also, Kolleginnen a Kollegen, datt et u sech och relativ laang gedauert huet, fir zu engem Kompromëss ze kommen, ëmsou méi dann och, nodeem deen

neie Projet praktesch nei déposéiert ginn ass, erm eng Kéier d'Beruffschamberen an och de Statsrot hiren Avis erstallt hunn. Esou ass et dann zu engem neie Projet komm, dee mer an der Chamberskommissioun duerchdiskutiert hunn.

Ech ginn elo net an den Detail vum Projet an, mä erlaabt mer e puer wesentlech Saaachen awer ervirzesträchen. Dir fannt dat a mengem schrëftleche Bericht op siwe Säiten, wou déi wesentlech Aspekter vun der Reform presentéiert ginn.

Wichteg ervirzehiewen ass, datt niewent dem Kontrollorgan, deen d'Gewerbeinspektioun ass, soll och ee Berodungsorgan geschafe ginn, deen de Betriber soll hëllefen all déi gesetzlech Bestëmmungen ze applizéieren.

Dann ass och d'Funktionsweis vun deenen eenzelnen internen Déngschtstelle vun der Gewerbeinspektioun koordinéiert ginn an doriwwer eraus sinn och d'Déngschtstellen ausserhalb dem Siège koordinéiert ginn.

Kompetenze sinn effektiv nei determinéiert ginn, nei festgesat ginn, an dee ganzen Organigramme vun der Gewerbeinspektioun huet eng grundleënd aner Nues kritt.

Mir hunn éischstens emol a fir d'éischte Kéier wierklech Aarbechtsinspektore geschaf mat ganz konkrete Kompetenzen. Dat huet och dozou gefouert - an ech kommen nach méi spéit eng Kéier dorop zrëck -, datt déi sougenannte Kontrolleren, déi um Terrain Kontrolle gemaach hunn, séier wéineg oder kaum Befugnisse haten, datt déi ofgeschaf gi sinn.

Da fannt Der an deem neie Projet eng ganz genau Festleeung an och nei Kompetenze vun de bestoende Kompetenze wéi d'Gewerbeinspektioun kann, soll, muss intervenéieren, wéi d'Gewerbeinspektioun an ënner welleche Konditiounen d'Gewerbeinspektioun hir Kontrollen an de Betriber, awer och ausserhalb de Betriber duerchféiere kann.

Dann ass ee wesentlecht Kapitel och am neie Projet iwwert d'Vertraulichkeet vun den Informatiounen, déi d'Gewerbeinspektioun sammelt, doriwwer eraus a wellecher Aart a Weis, a wellecher Form d'Gewerbeinspektioun mat de Betribsdelegatiounen dialogéiert an och gemeinsam Léisunge fënnt, awéiwäit d'Gewerbeinspektioun hir Neutralitéit behält vis-à-vis vum Législateur, vis-à-vis vun der Exekutiv an och vis-à-vis vun de Sozialpartner, fir kënnen objektiv hiren Aufgabe vun der Kontroll nozekommen.

Da sinn och d'Sanktiounen am neie Projet nei definéiert ginn ënner welleche Konditiounen wéini a wellech Sanktiounen kënnen gesprach ginn, an doriwwer eraus eng nei Instanz, eng nei Kompetenz, eng nei Aufgab, déi d'Gewerbeinspektioun kritt, datt ass eng Instanz vun der Mediation, fir méiglech individuell Konflikter, déi am Aarbechtsliewen entstinn, vu virewech auszeschleissen.

Dann ass et - a ganz kuerz ginn ech nach eng Kéier dorop an - ee wichtige Organe de coordination, wou de Privatsecteur zesumme mam öffentleche Secteur versicht eng koordinéiert Kontrollinstanz ze schafen.

Voilà, datt sinn déi wesentlech Aspekter vun den Neierungen. An zwielf Sätzungen huet d'Kommissioun sech mat deene Problemer ausenanergesat an och opgrond vun den Avisé vun de Beruffschamberen, opgrond vun den Avisé vum Statsrot, opgrond vun de Propositione vum BIT, déi géigesäiteg oft kontrovers waren, hu mer probéiert ee Kompromëss ze schafen an zu engem Zil ze kommen, wou jidderee vun deene Concernéierte sech ermëfanne kéint. Dat fannt Der a mengem Bericht praktesch op 30 Säiten, do hu mer dat schéi propper duergestallt.

Dat ass virun allem och dofir, well all Gesetz jo d'Méiglechkeet vun Interpretatioun net ausschléisst, an et ass kloer, och dëst Gesetz gëtt Ulass zu enger bestëmmter Liesweis, vun Interpretatioun, an duerfir ass et och ganz wichteg a quokeleche Froen, datt déi Interesséiert, an déi mat deem Gesetz ze schaffen hunn an déi och d'Konsequenze vun deem Gesetz ze droen hunn, och genau wëssen, wat de Wëlle vum Gesetzgeber an deenen eenzelne Froen a Punkten ass.

Ech wëll, Kolleginnen a Kollegen, Här President, ganz kuerz op e puer Punkten agoen, an ech sinn iwwerzeegt, meng Kollegen, déi duerno am Numm vun hire Fraktiounen schwätze wäerten, wäerten am Detail nach méi konkret dorop agoen.

D'Kompetenze vun der Gewerbeinspektioun hunn Ulass ginn zu laangen Diskussiounen. De Statsrot, d'Privatbeamtechamber, de BIT hunn de Virschlag gemaach, fir eng Unicitéit hierzestelle vun de Kontrollen. Dat heescht, der Gewerbeinspektioun d'Kompetenz ze gi souwuel am Privatsecteur wéi am öffentleche Secteur.

Dat huet net der Politik vun der Regierung entsprach, net eleng vun dëser Regierung mat Sécherheet, mä och vläicht net vun deene kommende Regierungen, a mir hunn da probéiert fir e Kompromëss ze fannen, ënner Bäibehaltung vun deem Dualismus, wou d'Kommissioun awer ganz kloer gesot huet, datt se domat net glécklech ass, wat - ech kommen nach eng Kéier ganz kuerz dorop zrëck - se och an enger Motioun zum Ausdrock bréngt.

Mir hunn dann een neit Organ geschaf, dat e Kompromëss ass, dee sougenannte Comité de coordination, dee sech zesummesetzt aus Vertrieder vun der Fonction publique an aus Vertrieder vum Privatsecteur mat der Gewerbeinspektioun zesummen ënnert der Présidentschaft an der Kompetenz vum Aarbechtsminister. Also ass dat schonn ee Wee dohinner, fir mat deem Dualismus opzehalen a fir eng Unicitéit hierzestelle vun der Kompetenz a vun der Zoustännegkeet vun der Gewerbeinspektioun souwuel am private wéi am öffentleche Secteur.

Mir hunn an der Kommissioun festgehalten, datt mer - Dir fannt dat och ganz detailléiert am Rapport zrëck - mat där Léisung net glécklech sinn. Mir hätte léiwer gehat, datt mer effektiv e Schratt méi wäit gaange wären an d'Richtung vun der Unicitéit vun de Kompetenzen.

Mir waren awer der Meenung, datt dee Comité de coordination e gudde Schrëtt dohinner wär, an d'Kommissioun huet dann och gesot, datt soll während dësem Débat eng Motioun virgestallt ginn, wou d'Regierung opgefuerdert gëtt, Schrëtt a Weeër an d'Welt ze leeden, fir lwwerleeungen unzestriewen, fir an enger zweeter Etapp - ouni elo ze soe wéini - d'Unicitéit hierzestellen.

Dann hate mer eng grouss a laang Diskussioun iwwert d'Organisatioun vun der ITM, déi grosso modo duerch e Règlement grand-ducal sollt festgeluecht ginn. Mir waren der Meenung, datt dat net géif goen, och de Statsrot an och d'Beruffschamberen. Mir waren der Meenung, bei esou enger grousser Reform missten d'Kompetenzen an déi intern Organisatioun vun der ITM am Gesetz festgeluecht ginn. Dat ass och geschitt, an dat fannt Der an den Article 613-1, 2, 3, 4 a 5 am Detail erm.

Dann hu mer frësch definéiert, ënner welleche Bedingungen a Konditiounen d'Gewerbeinspektioun Zougang huet zu den Entreprises. Do ass et och Meenungsver-schiddenheete ginn, well d'Patronatsberuffschamberen der Meenung waren, datt dat vill ze vill wäit géif goen, datt de toute façon, ier d'Gewerbeinspektioun an e Betrib kéint eng Kontroll maachen, de Betribsinhaber misst informéiert ginn.

An doriwwer eraus waren et d'Salariatschamberen, déi der Meenung waren, esou wéi de Projet virloung, wieren d'Aufgaben an den Zougang ze vill limitéiert. Mir hunn da probéiert, do och e Kompromëss ze fannen. Dir fannt deen am Text erm, an deen huet dann och d'Zoustëmmung vun der Kommissioun fonnt.

An da war do nach e ganz kritesche Punkt, well haut a muer an ëmmer méi d'Differenz an d'Ofgrenzung heiansdo schwéier ze gesi si vum Privatraum, wou den Arbeitgeber wunnt, an der Produktiounsstell, der Aarbechtsstell. Do huet et sech och dorëm gedréint, fir noutwendeg Mëttelen a Weeër ze fannen, fir datt, ouni d'Privatsphär ze verletzen an ouni géint d'Verfassung ze verstoussen, d'Gewerbeinspektiounen ënner bestëmmte Konditiounen och kann Zougang hunn an esou Etablissementer.

Dann ass et noutwendeg gewiescht nei ze definéieren, a welcher Form d'Informatioun an de Kontakt an den Dialog mat de Betribsdelegatiounen sollt funktionéieren.

Ech hunn et schonn ugekënnegt: Déi intern Kompetenzen vun de Leit, déi an der Gewerbeinspektioun Aufgaben hunn, ass frësch definéiert ginn. Et ass och elo an deem Sënn changéiert, datt déi eenzel Aarbechtsinspektore vill méi Befugnisse hunn a vill méi séier a schnell kënnen reagéieren, wann Zuwiderhandlung geint d'Aarbechtsrecht a Sécherheetsbestëmmungen festgestallt ginn.

Voilà, Kolleginnen a Kollegen, ech géif dann nach weiderfueren am Detail, mä ech gesinn hei op der Auer, datt ech lues a lues muss zum Schluss kommen.

(Interruptions)

Opgrond vun all deenen...

» **Une voix.** - Dir sidd schonns iwwer...

(Interruption)

» **M. le Président.** - De President huet gemierkt, datt de Rapporteur zum Schluss kënnt bei engem ganz wichtige Gesetz.

» **M. Marcel Glesener (CSV), rapporteur.** - De Rapporteur huet 28 Minutten, mengen ech, nom Modell 2.

»» **Une voix**.- 20!

»» **M. Marcel Glesener** (CSV), *rapporteur*.- 28.

»» **Une voix**.- 20!

»» **M. Marcel Glesener** (CSV), *rapporteur*.- Opgrond vun all deenen Iwwerleeungen hutt Der dann dee gesetzliche Projet, an deen ass a sechs Kapiteln. Do ass éischstens den Zoustännegkeetsberäich vun der Gewerbeinspektioun selwer; intern Organisatioun; Kompetenzen; Onvereinbarkeet vun den eenzelne Leit, déi an der Gewerbeinspektioun schaffen; an da sinn och d'Kontrollorganer da ganz kloer am Geset zesprojet, deen lech elo virläit, definéiert.

Ech kommen dann elo wierklech zum Schluss, Här President, Kolleeginnen a Kolleegen. Opgrond vun engem konstruktiven Zesummewierken an der zoustänneger Kommissioun mam Minister, mat der Regierung an hire Mataarbechter, mat der Direktioun vun der ITM a mat alle Kolleeginnen a Kolleege war et méiglech, aus deene schwieregen, oft kontroversen Avisë vun de Berufschamberen a vun all deenen Oppositiounen, déi de Statsrot gemaach huet, dach e Kompromëss ze fannen, zu deem praktesch d'Kommissioun grosso modo och hir Zoustëmmung ginn huet.

Dat Resultat, wat do virläit, an dee Projet, deen elo virläit, si wesentlech anescht a ville Punkte wéi den ursprüngelech deponéierte Projet. Dat ass och de Beweis vun enger gudder parlamentarescher Aarbecht.

»» **M. le Président**.- Här Rapporteur, Dir musst awer wierklech zum Schluss kommen.

»» **M. Marcel Glesener** (CSV), *rapporteur*.- Ech soen dann nach jiddferengem, dee matgewierkt huet un deem Resultat, villmools Merci, och de Mataarbechter an der Fraktioun, am Sekretariat, an am Numm vun der Kommissioun géif ech dann d'Parlament ofschléissend bieden, esou wéi et an der Kommissioun décidéiert ginn ass, dësem Projet eng breet Zoustëmmung ze ginn.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ech soen lech villmools Merci.

»» **Plusieurs voix**.- Très bien!

»» **M. le Président**.- Merci, Här Rapporteur. Den éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Spautz. Här Spautz, d'CSV huet 68 Minuten zur Verfügung.

(Interruptions et hilarité)

Discussion générale

»» **M. Marc Spautz** (CSV).- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech hoffe just, Här President, dat war elo keng Opfuerderung, datt ech soll 68 Minutte schwätzen.

(Interruptions)

»» **Plusieurs voix**.- Loosst lech Zäit! Loosst lech Zäit!

»» **M. Marc Spautz** (CSV).- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'alleréischst soen ech mengem Frënd Marcel Glesener villmools Merci fir säin exzellente schrëftleche Bericht an och fir säi mëndleche Rapport, deen en elo hei virgedroen huet.

D'ITM, déi mer jo haut reforméieren, ass am Fong eng Verwaltung, déi säit 1902 besteet an déi näischt vun hirer Wichtigkeet verluer huet. Virun 106 Joer loung hir Haaptaufgab an der Kontroll vun den Erz-, Kallek-, a Schifferminen. Haut leien hir Prioritéiten am Anhalen a Respektéiere vun der Sécherheet an der Gesondheet op der Aarbechtsplaz respektiv dem Aarbechtsrecht.

Déi lescht Reform vun der ITM datéiert op 1974, an dat war ënnert der Responsabilitéit vum deemolege Statssekretär Jacques Santer. Déi éischt Verbesserungsvirschléi vum ITM-Gesetz ginn op d'Joren 1990, 1991 zrëck, wou déi deemools nach regelmeisseg tagend Commission consultative de l'ITM - eng Kommissioun, déi besteet aus de Sozialpartner ënnert der Présidence vun engem Fonctionnaire - den deemolegen Aarbechtsminister Jean-Claude Juncker opgefuerdert huet, eng Reform vun der ITM an d'Wee ze leeden. Mat Ausnahm awer vun engem gemeinsame Wonsch vun deene verschiddene Partner, louchen d'Virstellungen an d'Erwaardunge ganz wäit auserneen an et haten do Leit ënnerschiedlech Vuen, wéi esou eng Reform sollt ausgesinn.

An den 90er Jore stoung d'ITM och öfters am Feier vun der Kritik, deels berechtegt, awer och deels onberechtegt. Richteg ass, dass an dëser Zäitspann vill schrëftlech op Reklamatiounen iwwert den Droit du travail geäntwert ginn ass. Et ass awer och e Problem gewiescht, nodeem dee Responsable vum Droit du travail op d'Verwaltungsgeriicht gaangen ass an duerno deem säin

Nofolger op d'ADEM gaangen ass. Duerno huet et och ugefaangen, dass et Chaos ginn ass ënner verschiddenen Agencen.

Ech wëll just drun erënneren, dass souguer am Transportsecteur eng Entreprise sech beruff huet op d'Aussoe vun der ITM-Agence Dikrech an e Prozess géint e Salarié gemaach huet, wou awer direkt e Kontroller vun der Agence Esch gesot huet, dass d'Agence Dikrech géif falschleien. Dat ass och herno bestätegt ginn duerch sämtlech Instanzen op de Geriichter. Dëst war e weideren Ausléiser, fir dass souwuel d'Patronat wéi d'Salariat sech derhannert gesat hunn a gesot hunn, et wier elo ganz wichtig, schnellstméiglech eng Reform anzeleeden.

De Minister Biltgen huet d'Besoinen och erkannt a seng Zouso ginn, fir eng Reform ze maachen. No engem Gespräch mat de Sozialpartner huet hien 2001 - an net 2002, wéi de Marcel Glesener et scho gesot huet - de BIT beoptraagt, e Bericht ze maachen iwwert d'Fonctionnsweis vun der ITM hei zu Lëtzebuerg.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, no der Presentatioun vum Bericht gouf et vill Sitzungen tëschent dem Minister, der ITM-Direktioun, deenen eenzelne Berufssgruppe bei der ITM an de Sozialpartner. Si souzen all zesumme ronderëm den Dësch. Et war net einfach fir alles ënner een Hutt ze bréngen, well do war jo och nach de BIT an deem seng zoustänneg Normekommissioun, déi mer och helandsdo ageschalt hunn, fir dëst Gesetz ze begutachten a fir och do all deem Rechnung ze droen, wat de BIT gär gehat hätt. Net méi spéit jo wéi d'lescht Woch hu mer heibannen nach eng Hällewull vun OIT-Konventiounen ratifizéiert. Et geet jo net duer, se ze ratifizéieren, et muss ee se och duerno anhalen.

2003 huet de Minister e Projet de loi déposéiert, an no dem Avis vum BIT an dem Statsrot gouf de Projet och nach e puermol amendéiert. Och mir an der Chamberskommissioun haten d'Geleeënheet live matzeerliewen, dass et innerhalb der ITM och e puer Meenunge gëtt, wéi déi Reform sollt ausgesinn, well de Minister hat eng kéier d'Direktioun an och déi zwou A.s.b.l.ë vum Personal vun der ITM, déi offiziell unerkannt sinn, matbruecht, an do war et nach laang net, dass se alleguerten datselwecht gesot hunn.

De Projet, deen also elo virläit, ass e Kompromiss. Deenen enge geet en ze wäit, deenen anere geet en awer nach net wäit genuch. E puer Remarquen:

Eng Recommandatioun vum BIT a vum Statsrot war - an de Marcel Glesener huet et och schonn ugestouss -, eng Verwaltung fir de Privat- an den öffentliche Secteur ze maachen. Dësem Punkt dréit de Projet keng Rechnung, woubäi awer e Conseil agesat gouf, dee soll kucke fir dass déi zwou Verwaltunge méi enk géife matenee schaffen.

Et ass awer och wichtig ze wëssen, dass mer aner Normen hunn, souwuel am Sécherheetsdispositif wéi och am Droit du travail, wat de privaten an den öffentliche Secteur ubelaangt. Dofir wier et och lo-gesch am Kader vun der Egalitéit an et ass och wichtig, dass d'Regierung elo déi néideg Schrëtt ënnerhëlt, fir dass déi zwee ënnerschiedlech Statuten dann och ëmmer méi no uneneegefouert ginn, fir dass et eng kéier net méi grondverschidden Norme gëtt an dass et da ka bei enger künfteger Reform zu der Fusioon vun deenen zwou Verwaltunge kommen.

Ech wëll och an deem Zesummenhang drun erënneren, et ass nach net ganz laang hier, dunn hu mer och heibannen zwee Gesetzer misse stëmmen, eent fir den öffentlichen an eent fir de Privatsecteur, wat d'Weiderbildung ubelaangt, well och do mat ënnerschiedleche Moossnamen gefuer gëtt fir de Privatsecteur an den öffentliche Secteur. Dat war och eng Ëmsetzung vun enger europäescher Direktiv.

Weder d'Gewerkschaften nach déi betrafen A.s.b.l. vun de Kontrolleren hu gejubelt, wou et an der Diskussioun dozou komm ass, dass déi künfteg Kontrolleren net méi vun de Gewerkschafte géife proposéiert ginn an no dräi Joer och vum Minister definitiv nominéiert ginn. Mä well de BIT déi Fuerderung gestallt huet am Kader vun der Onofhängegkeet vun der ITM, huet dann do de gesunde Mënscheverstand gesiegt an et ass dozou komm, dass dann elo déi Nominatioun kënnt.

(Interruption)

Ech wëll awer drop hiweisen, dass mir, an och aner Leit, an all deenen 30 Joer zënter 1974, wou dat gelaf war, ni contestéiert hunn, dass déi Leit an der Onofhängegkeet géife schaffen, dass se eng super Aarbecht gemaach hunn an dass et virun allem och wichtig war, dass et capabel Kontrollere waren, déi eng gutt Aarbecht um Terrain gemaach hunn. Si waren zu zwielef fir 114.000

Salariéen a si sinn haut zu 15 um Pabeier - well et si keng 15, obwuel de Moment virgesinn ass, dass et der 15 solle sinn - fir 320.000 Salariéen. A wann een do dee Pro-rata kuckt, wann et der fir 114 huet missen zwielef sinn, da missten et bei 320 keng 15 sinn, mä 36, fir déi Kontrolle kënnen ze maachen, déi deemools an de 70er Joren - 1974 - ugepasst waren.

Et stellt sech awer och elo d'Fro, wou an Zukunft déi Kontrolleren hierkommen. Bis elo waren et ëmmer Leit mat Berufserfahrung, déi och wossten, wat um Terrain géif lafen, déi d'Geforen an d'Knackpunkte kannt hunn. Kolleeginnen a Kolleegen, déi Erfahrung kritt ee leider net an der Schoul, net an der Schoulbänk vermëttelt. Mä elo ass et wichtig, dass et Leit sinn, déi och vum Terrain kommen an déi wëssen, wat an de Betriber leeft a wat an de Betriber lass ass.

Bei de Kontrolleren drängt sech nach eng lescht Fro op. Déi kréie jo am Gesetz en neie Statut mat kloer definéierte Carriären. Et gëtt awer nach eng aner Verwaltung, déi och dem Aarbechtsminister ënnersteet, wou et och nach Kontrollere gëtt, an deenen hir Carrière sinn ugelehnt un d'Carrière vun de Kontrollere bei der ITM; dat sinn déi zwee Kontrollere bei der ADEM. Wéi geet et mat deene virun? Wat fir ee Statut kréien déi? A wéi geet et mat deenen hirer Carrière an Zukunft virun?

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, wann d'ITM et awer elo net fäerdeg bréngt, déi Poste vun de Kontrollere mat deene richtege Leit ze besetzen, da kréie mer Problemer. An do kann ee sech och d'Fro stellen, wéi déi Leit solle rekrutéiert ginn. Ech weess, dass ech mech widderhuelen, mä ech komme gär speziell nach eng kéier do-rop zrëck.

Wa mir keng Leit huelen, fir déi Posten ze besetzen, déi vum Terrain kommen, déi wëssen, wat Droit du travail ass, déi wëssen, wat Santé-sécurité au lieu du travail ass, an déi wëssen, well se virdrun als Sécherheetsdelegéierten oder als Ausschussmann geschafft hunn, wéi et an engem Betrib vir sech geet a wou se sech hannendrun do verstoppen, da wäert et schwierég ginn, fir dass déi Faiten opgedeckt ginn, déi et méiglecherweis a verschiddene Betriber gëtt.

En anere Punkt, deen awer och ze kritiséiere war a wou och souwuel de BIT wéi nach aner Leit drop opmierksam gemaach hunn, dat ass d'Fonctionnsweis vun de jëtzege Agencen. Ech hu virdrun d'Beispill erkläert, wou Dikrech eppes aneschters gesot huet wéi Esch. Et gëtt och nach aner Modeller wou Esch eppes aneschters seet wéi d'Stad an d'Stad erëm eppes aneschters seet wéi Dikrech. Dass et do wichtig gewiescht wier, vläicht deenen Agencen eng aner Missioun ze ginn. An net méi, dass se als Agencë mat Kontrollere géife fonctionnéieren, mä nach als Informationsbüro, wou de Patron, de Betrib an och de Salarié ka seng Récksprooch huelen, an net dass déi jeeweileg Kontrolle regional bedéngt sinn.

Do ass net zrëckbehale ginn, dass déi dräi Agencë géifen net méi op déi Aart a Weis fonctionnéieren, wéi et bis elo war, mä am Artikel 8 vum Gesetz hu mer awer elo festgeluecht, dass do e Reglement géif kommen, dass do an der Pluridisziplinaritéit misst geschafft ginn. Do ass et awer och elo wichtig, dass dat Reglement dann och schnellstméiglech geholl gëtt, an dass och dat dem Inhalt entsprécht, deen ëmmer erwaart gi war, well soss huet dat beschte Gesetz kee Wäert.

Och de BIT huet duerno positiv reagéiert op alleguerten déi Ännerungen, déi mer gemaach hunn, an d'Madame Cleopatra Doumbia, dat ass d'Direktesch vum BIT am Normenausschuss, huet och de Feu vert ginn, fir dass eist Gesetz haut soll gestëmmt ginn, respektiv en Dënschdeg soll gestëmmt ginn, a wou d'Debatten haut sinn, dass si domadder kéint liewen an dass dat de BIT-Konventiounen och alleguerte géif entsprechen.

Dat Gesetz hei gesäit awer e puer wichtig Reglementer vir. Awer et hänkt souwuel vum Inhalt vun dëse Reglementer wéi och herno vum ROI, vum Règlement d'ordre interne of, wéi dëst Gesetz ëmgesat gëtt. Dat beschte Gesetz daagt nämlech näischt, wann d'Ëmsetzung herno net déi ass, déi vum Législateur erwënscht war. Och beim ROI ass et wichtig, dass Kloertext geschwat respektiv geschriww e gëtt.

D'Rolle vun deenen eenzelne Poste musse kloer definéiert ginn. Et ass net normal, dass mat Disziplinarverfahren muss gedroht gi vun ënnen no uewen oder vum uewen no ënnen. Wann d'Aarbechtsklima net stëmmt, da muss jiddfer ee sech Froe stellen, firwat et esou schlecht ass. Well wann e schlecht Aarbechtsklima do ass, kann dat net un enger Persoun eleng hänken, mä da soll jiddfer ee sech och do emol a Fro stellen. Dofir

ass et och wichtig, dass an deem ROI alles kloer definéiert ass, dass et net herno zu zeg Interpretatiounsschwieregkeete kënnt, wie wat däerf maachen.

Des Weideren ass et och wichtig, dass d'ITM sech erëm zu enger schlagfäerdeger a respektéierter Verwaltung zrëckentwëckelt, wéi dat emol an de Joren de Fall war. Mir leeën heimadder elo de Grondsteen do-duerch, dass dat Gesetz kënnt, mä et ass duerno um Minister, déi Reglementer esou ze ficeléieren, fir dass d'ITM erëm eng duerchschlagskräfteg Verwaltung gëtt. Mä gläichzäitg däerf de Minister och nëmmen en ROI akzeptéiere mat klore Linnen a Kompetenzzuweisungen. Ech sinn och dovun iwwerzeegt, dass de Minister François Biltgen dat wäert maachen.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ech kéint elo theoretesch nach 57 Minutte weiterfueren, mä ech wollt awer soen, dat waren déi Haaptremarquen, déi ech wollt maachen, an ech ginn och dofir heimadder d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun.

Ech soen lech Merci.

»» **Plusieurs voix**.- Très bien!

»» **M. le Président**.- Merci, Här Spautz. Den nächste Riedner ass den Här Alexandre Krieps.

»» **M. Alexandre Krieps** (DP).- Merci, Här President. Ech wollt fir d'éischt nach e Message pro domo lassginn. Haut virun aacht Deeg hunn ech geschwat zur Ëmsetzung vun der Direktiv vu Bréissel iwwert d'Travailleurs mobiles. Dunn hunn ech zu mengem Erstaunen am Escher „Tageblatt“ freides gelies, dass ech hei op där Tribün gefuerdert hätt, dass déi Aarbechter, Buschauffeuren an Transportchauffeuren, misste méi wéi 16 Stonnen den Dag schaffen. Ech ka mech un esou eng Deklaratioun hei net erënneren. Ech wäert dem Rédacteur - et kann natierlech net jiddfer ee Karl Marx heeschen, mä Léon Marx - dann de Chambersbericht schécken. Hien hat och geschriwwen, ech hätt meng Mask fale gelooss. Ech hoffen, dass hien den Hörapparat net fale gelooss huet.

(Hilarité)

»» **Une voix**.- Très bien!

»» **M. Alexandre Krieps** (DP).- Dat gesot, wollt ech hei dann e puer Wuert zur Gesetzesvirlag soen.

(Interruption)

Jo, et ass mäi Feeler, dass ech d'„Tageblatt“ liesen. Jo, ech mengen domadder sinn ech d'accord. Ech hunn eng déck Haut. Dat wësst Der jo.

»» **Une voix**.- Loosst se gutt déck ginn.

»» **M. Alexandre Krieps** (DP).- Merci.

Den Här Minister Biltgen huet dat Gesetz 2003 déposéiert. De Statsrot hat en éischte kriteschen Avis. Dat hutt Der alles matkritt elo grad. De Rapport vun der Commission parlementaire hunn ech exzellent fonnt, extensiv a komplett. Ech wëll och dofir dem Rapporteur Marcel Glesener félicitéiere fir dee Rapport.

Et ware wuel e puer Aussoen, déi mech och net stéieren, vum Diktat vun der Ekonomie. Et waren och e puer aner Rapporten, zum Beispill dee vun der ITM vun 2006. Ech recommandéieren Iech deem seng Lecture, wann an der Introduktioun och e bësse Klassekampf gefouert ginn ass. Mä ech hunn haaptsächlech aus deem Rapport de Réckgang vun den Aarbechtsonfäll zrëckbehalen; obschonn déi Wegeunfälle nach ëmmer an d'Luucht ginn. Ech mengen, do ass d'Regierung gefuerdert, fir d'Assurance accident ze reforméieren. Also, déi klassekämpferesch Téin stéiere mech guer net. Dat ass eng gutt Saach.

Eppes, wat mech e bësse méi gestéiert huet, dat war, dass d'Ouverture vun de Marchés du travail op déi nei Memberlänner vun der UE an d'Alteration vum Climat social kritiséiert ginn ass. Ech mengen, da musse mer soen ier mer se eranhuelen, dass mer se net wëllen. Do hunn ech mech och gefrot wou dann den Text vun der Internationale bleibt. Dat ass net grad solidaresch. Mä ech gleewen, dass jo och vill Patronen ënnert der Globalisatioun leiden, net nëmme Salariéen.

Eng Reform vun enger Verwaltung steet a fält mat der Qualitéit vun hirem Personal.

Dat ass emol doudsécher gesot ginn hei vir-drün. Ech gleewen och, dass duerch déi nei Recrutementsmethoden d'ITM héchstwahrscheinlech eng besser Onofhängegkeet kritt. Ech gleewe wuel och dem Marc Spautz seng Remarque: Et muss een awer erfuere Leit erbäikréien. Am Ufank kënnst een do vläicht e bëssen duercherneen, wann een déi Leit rekrutéiert.

D'Formation continue. Dat ass e ganz wichtige Sujet. Dat ass och begrëssenswäert. Déi Mise en place vun där Commission consultative Tripartite kritt natierlech e ganz wichtige Rôle, fir d'Objektive ganz prezis ze definéieren. Déi nei Risike sinn ugesprach ginn an der Aarbechtswelt: de Mobbing, d'psychesch Gesondheet, d'Fibromyalgie an all méiglech Saachen. D'Crédibilitéit vun der ITM gëtt natierlech duerch hir preventiv Aktioun a Missioun gestärkt. Dee preventive Charakter, an net dee reaktiven; dat ass extrem wichtig.

Ech sinn och frou, dass dës Virlag rechtstaatlech ausgeluecht ginn ass, well am Ufank ass vu Perquisitiounen geschwat gi ronderëm d'Auer. Ech si ganz frou - an der Lescht ass jo vill vu Rechtsstaatlechkeet geschwat ginn -, dass déi Perquisitiounen e Mandat vun engem Juge d'instruction bräichten. Den Témoignage anonyme ass net zréckbehale ginn. Dat ass fir mech ganz begrëssenswäert, quitte dass ee seng Informante protégéiert; d'Sourcen. Mä ech mengen Témoignage anonyme gëtt engem ëmmer e gewëssent schlecht Gefill. Och dee Prinzip vun der Proportionalitéit ass hei garantéiert. D'Vérificatiounen vum de Kontrolle gi gewéinlech mat der Informatioun vun der Delegatioun oder souguer der Informatioun vun der Direktioun vun der Firma gemaach. Dat ass gutt.

D'Vertraulechkeet vun den Donnéeën a vun den Dossierien ass gesécher. Den Archive gëtt op dat Néidegt an och an der Zäit begrenzt op e puer Joer. D'DP hofft natierlech, dass den administrative Volet elo net lwwerhand hält, an dass dann herno d'Leit um Terrain feelen. Eppes, wat ee gewéinlech am Ausbau vun de Verwaltunge gesäit, dat ass, dass den administrative Waasserkapp sech ëmmer méi fëllt. Mir sinn awer och frou, dass eng kloer Definitioun vun de Pouvoiren a vun de Responsabilitéiten an där neier ITM virgesinn ass.

Här President, ech kann hei am Numm vu menger Partei natierlech de Minister Biltgen net nëmme luewen. Duerfir hunn ech e puer kleng llicht kritesch Téin elo. Den Agrément vun den Expertsfirmen oder vun deenen eenzelnen Experten huet awer nach e protektionisteschen Nogeschmaach, well mer vun hinne verlangen entweder eng A.s.b.l. ze sinn oder hir Zuele kënnen ze begrenzen. Dat llicht ons nach net esou richtig an.

En anere Schwaachpunkt schéngt ons och de Volet vun de Sanctions administratives ze sinn. Well et ass awer keng kloer Prozedur bis elo virgesinn. Quitte datt déi Prozedur kontradiktöresch ass, ass se awer e bëssen am Flou. Et ass och kee Katalog vu Sanktiounen virgesinn. D'Amendé variéieren tëschent enger Offense, fir schlecht geparkt ze sinn. 25 Euro - ech mengen, en ageschriwwene Bréif kascht méi wéi déi 25 Euro - bis 25.000 Euro. Ech hoffen, dass déi Fixatioun vun där Amende net à la tête du client herno virgeholl gëtt.

En anere Punkt ass: D'Récidive gëtt net méi an deem Gesetz ernimmt. D'Personalfroe werfen e puer lwwergangsbestimmungsschwierigkeeten op, well do gëtt geschwat: «Ils peuvent obtenir une nomination» op e puer Punkten an deem Gesetz. Ech wär natierlech och frou, wann déi Kontrollieren um Terrain zum Deel en Accès kréien zu de Fichiere vun der ADEM, weinstens fir de Permis de travail ze vérifiéiere wa se an Aktioun sinn, an datselwecht fir de Fichier vun de Classes moyennes fir d'Handelsermächtigungen. Ech mengen, dee Pouvoir misst een deene Leit vun der ITM ginn.

De Marc Spautz huet och vun der Pluridisciplinaritéit geschwat. Ech hunn déi nämlecht Problemer, fir dat Wuert auszuschwätzen. Do ass et och nach e bëssen de Flou artistique. Ech wär frou wann de Minister ons do géif e puer Wieder soen.

Et ass nach net vill iwwert déi Motioun vun der Regierungsparteie gesot ginn. Do widerhuelen ech déi Positioun, déi ech an der Kommissioun vertrauden hunn. Ons Partei respektéiert d'Ofkommes mat der Fonctioun

publique. Déi stame vun 1988. '92-'93 war d'DP an der Opposition, a si huet op deem Dossier e gutt Gewëssen. Mir ënnerstëtzen déi Motioun also net. Ech kann natierlech vun der Majoritéitspartei keen zréckhalen, wann hien elo am Ufluch vun der Wahlen 2009 dat wëllt a säi Wahlprogramm schreien, fir dann en électorat Mandat ze kréien.

Jo, Här Glesener. Dir laacht, mä maacht dat. Dat ass mäi Rot. Dat hëlleft ons. Da kritt Der e Mandat vum Wieler, fir dat doten ze maachen.

(Interruption)

Neen, neen. Mä ech sinn ëmmer gentil. Dat wësst Der jo.

Alles an allem ass déi heite Gesetzesvirlag vun der Reform vun der ITM eng gutt Virlag, déi de Sozialpartner, an haaptsächlech de Salariéen an der Patronen, zegutt komme wäert. D'Patrone mussen och verstoen, dass dat heite Gesetz d'Concurrence loyale erëm aféiert an déi éierlech Patrone protégéiert par rapport zu deenen, déi et net esou éierlech mengen.

D'DP bréngt also hir Zoustëmmung zu deem Gesetz, an enthält sech bei der Motioun vun der Majoritéitspartei, well souwiesou hale mir net vill vun deem Einheitsdusel.

Ech soen lech Merci.

» Plusieurs voix. - Très bien!

» M. le Président. - Merci, Här Krieps. Den nächste Riedner ass den Här John Castegnaro.

» M. John Castegnaro (LSAP). - Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, Här Minister, ech soen deenen Deputéierte Merci, déi d'Ausdauer nach hunn, fir ze bleiwen an nozelauschten. Dass dee Projet esou spéit op der Dagesuerdnung war, dat hunn ech d'lescht Woch gesot an hunn doriwwer schonn ugefaangen ze knouteren, mä et ass nun eemol esou, a mir maachen dann dat Beschdt doraus.

Déi klassekampferesch Ried vu mengem Virriedner, dem honorabelen Alexandre Krieps, huet jo dann och Gott sei Dank dozou bäigedroen, eis e bëssen opzעהitern, wat no deene Stonne Frontalunterrecht haut noutwendeg war.

Ech sinn awer d'accord mat der Virriedner, dass dat Gesetz, wat mer haut hei net stëmmen, awer vun deem mer d'Ofstëmmung preparéieren, e bedeitend Gesetz ass. All Gesellschaft brauch nun eemol Kontrollinstanzen, an d'ITM ass eng vun deene Kontrollinstanzen mat villfache Funktiounen a mat Regeln, déi mer eis ebe musse ginn, well mer jo an eiser Gesellschaft net nëmme Rechter, mä och Flichten hunn, sou dass dofir muss gesuergt ginn, dass fir déi, déi vun deene Saache betraff sinn, déi Regeln och ugewannt ginn.

Dass déi Gewerbeinspektioun villfach Aufgaben huet, wësse mer. Et geet ëm d'Aarbechtsrecht, ëm de Code du travail. Et geet ëm d'Sécurité, ëm d'Santé. Et geet och ëm Uerdnung um Aarbechtsmaart. Et geet och ëm de Respekt vu kollektivvertraglechen Ofmaachungen. Et geet och ëm d'Kontroll vun der Schaarzaarbecht oder vun der illegaler Beschäftigung, an do gesäit een eenzel Aktivitéiten, an et weess een, dass d'Missioun vun der neier ITM, mä deelweis och scho virdrun eng preventiv ass, och eng ass, wou mat Strofen hantéiert gëtt, mä wou och informéiert an net nëmme kontrolléiert gëtt.

Et stëmmt och, an dat ass scho gesot ginn, dass eisen Aarbechtsmaart sech an deene leschte 25 Joer fundamental verännert huet. D'Ëmfeld ass e ganz anert, an dat gesäit een, wann een an der Betriber ass. Et spiert een déi soziologesch, juristesche, technesch an administrativ Verännierungen, an et weess een, dass d'Globalisatioun zur Folleg huet, dass ëmmer méi oft an ëmmer méi schnell restrukturéiert gëtt, Fusione stattfannen, delokaliséiert gëtt an dass dat alles net ouni Konsequenze fir d'Salariéen ass.

Dat aalt ITM-Gesetz, wat a Kraaft ass, muss eben ugepasst an ëmgestallt ginn, fir sech deem neien Ëmfeld unzupassen. Lëtzebuerg ass vun enger haaptsächlecher Industrie-gesellschaft haut méi eng Servicegesellschaft ginn, an do spillen aner Regeln. Do wësse mer, dass et zum gudden Toun gehéiert, flexibel Aarbechtszäiten ze hunn, statt prezis geregelter, mä et kënnst dobäi den Télétravail, et kënnst dobäi d'Deelzäit-arbecht mat alle Problemer ënner anerem vu Kontrollen. Et kommen déi nei Technologien dobäi, an da weess een, dass d'ITM grouss an nei Erausforderunge begéint huet a weiderhi begéine wäert.

Wann een dat weess an dobäizielt, dass jo opgrond vun deene Verännierungen och d'Sécherheet an d'Gesondheet an der Betriber eng aner Bedeitung kritt huet, dass ee weess, dass de mentalen Drock an der méi intensiven Aarbechtsrhythmus vill méi Gewicht kritt huet och duerch déi Komplexitéit

vun den Aarbechtsbedingungen an Aarbechtsfleef, da wësse mer, dass mer viles virun eis hunn a viles ze dinn hunn, fir d'Saachen am Grëff ze behalen.

Wat mer brauchen, ass eng global Politik, eng national Politik vu Kontroll a Präventioun. Et däerf een eben net vergiessen an der Aschätzung, wat passéiert ass a wat nach riskéiert ze passéieren.

Ier ech op e puer Einzelheeten aginn, wëll ech haut hei och wéi meng Virriedner e grouse Merci an Unerkennung ausdrécken un der President fir déi Aarbechten, déi mer an der Kommissioun hate fir de schrëttlechen an der mëndleche Rapport. Ech wëll och dem Sekretariat an der décke Merci soen. Mir hunn e qualitativ héichwäertegt Dokument am Rapport vun deenen Aarbechte kritt.

Da mengen ech och, dass een haut kéint mat rouegem Gewëssen ervirstreichen, dass trotz der Komplexitéit vun der Matière och d'Kommissiounsmitglieder wäitgehend un engem Strack an den Diskussiounen gezunn hunn, an dat zeugt vu ganz vill Verantwortungsbewusstsein. Et huet een a villen Diskussiounen gemierkt, dass se parteiwergräifend waren, och wann et laang gedauert huet, wann et komplizéiert war, wann et munch lwwerraschungsmomenter gouf. An der Momenter si vum Marc Spautz éineschtes genannt ginn. Et gouf zéng Oppositions formelles. Et ass d'lescht Woch hei vun zwielef geschwat ginn an engem aneren Zesummenhang. Hei waren et der ëmmerhin zéng, wat jo och schonn net schlecht ass, mä d'Welt ass net ënnergang, an d'Gesetz gëtt jo dann awer elo gestëmmt.

Mä insgesamt hate mer eng äusserst konstruktiv Debatt, an ech géif mer wënschen, dass mer déi bei anere Geleeënheeten d'selwecht kéinte féieren.

Am Rapport vun der Kommissioun an der Zesummefassung, déi mer haut um Ordre du jour hunn, deen hei virun der Chamber gemaach ginn ass, gëtt wierklech dat Wesentlechst vum Inhalt vun deem Projet de loi ervirgestrach. Wann een dobäirechent, dass mer d'lescht Woch eben zwee Gesetzer gestëmmt hunn, d'Ëmsetzung vun der Konventiounen respektiv d'Schafung vum Comité permanent de l'emploi an der Instance de conciliation, da gëtt elo mat der Verabschiedung vum ITM-Gesetz eigentlech dee Puzzle elo komplett zougemaach, esou wäit wéi een dat iwwerhaupt ka maachen.

Do wëll ech nach eng Kéier hiweisen, wat ech d'lescht Woch och gemaach hunn, wou de Minister gemengt huet, ech hätt dat sollen an der Kommissioun soen - wobäi en net ganz Onrecht hat -, mä dat ass déi BIT-Konventioun N°187, déi awer eréischt 2006 presentéiert ginn ass, déi menger Meinung no misst op der Métier geholl ginn, well se awer en direkten Zesummenhang mat de Missiounen, mat der Responsabilitéit vun der Gewerbeinspektioun huet, well et ebe just an där Konventioun dorëm geet, eng ugepassten national Politik am Beräich vun der Gesondheet an der Sécherheet op der Aarbechtsplaz ze fördere respektiv dat, wat besteet, ze verbessern, also en nationale Plang fir Gesondheet a Sécherheet op der Aarbecht auszeschaffen.

Iwwregens steet am Koalitiounsprogramm eppes Ähnlech un d'Adress vum Gesondheitsminister, mä wéi gesot, mir sollten eis domat auserueesetzen an där nationaler Politik, wou et och dorëm geet, d'Salariéen net nëmme iwwer hir Flichten, mä och hir Rechter opzeklären, se ze forméieren a se participéieren ze loossen an der Ausarbeitung vun deene Regeln, déi noutwendeg sinn.

Dëst gesot, ouni wëllen elo do an der leschten Detail ze goen, well ech nach eng Kéier op déi besonnesch Bedeitung vun der Gewerbeinspektioun zréckkommen, besonnesch op dee Statut, deen déi Gewerbeinspektioun huet an déi si ënnerscheet vun anere Verwaltungen hei zu Lëtzebuerg, nämlech doduerch, dass déi ITM eng Autonomie huet, also eng Eegestännegkeet an enger ganzer Rei vu Beräicher huet, wat fir si ouni Zweifel gutt ass, fir objektiv an ouni Drock vun egal wat fir enger Säit hirer Aarbecht kënnen nozekommen.

Op där anerer Säit enkt dat natierlech de Spillraum vum zoustänneg Minister och an. Dat muss ee gesinn, an do ass also e breeden Dialog permanent noutwendeg, mä et muss een ëmmer erëm gesinn, dass no der BIT-Konventiounen an och Deklaratiounen d'Indépendance de contrôle eng vun der wichtigste Saachen ass, an déi muss garantéiert bleiwen an déi kann och iwwer esou ee Gesetz net ageschränkt ginn.

An den Hannergrond vun deene Moossnamen ass eben d'BIT-Konventioun N°81 virun allem, mä et ass awer och d'Meenung vum Comité des Hauts Responsables de l'Ins-

pection du Travail (CHRIT), deee principes communs des inspections du travail en matière de sécurité et de santé sur le lieu du travail festleet an no deem sech och hei orientéiert gëtt. Duerfir ass et jo dann och net vun ongeféier, dass de BIT bei der Neifaassung vun der ITM-Gesetzgebung eng bedeitend Roll gespillt huet a se natierlech och bedeitend beaflosst huet. Dat erkläert dann awer och d'Bedeitung vun deem schonn haut e puermol ugesprachenen BIT-Audit aus dem Joer 2002.

Et stëmmt, d'Diskussiounen iwwert déi Reform hunn 1991 ugefaangen. Also viru 16 Joer waren der der Meinung, zu deenen hunn ech och gehéiert, dass een dat Gesetz vun 1974 ebe misst reforméieren, fir et dem Ëmfeld unzupassen. Mä et war kee gudden Départ geholl ginn - der Marc Spautz huet dat éineschters erkläert -, ënner anerem och duerfir, well op eng Kéier eng Kaderreform méi am Mittelpunkt stoung, wéi den Inhalt vun der Missiounen an den Ofleef. Dat huet d'Diskussiounen net méi llicht gemaach, mä am Contraire erschweiert.

Fakt ass, dass mer d'nächst Woch dat Gesetz stëmmen - et ass dat och wat entscheidend ass - an dass dat Gesetz wesentlich besser gëtt wéi säi Virgänger, och wann et ëmmer nach Onzoulänglecheete gëtt. Mä op déi kann een ëmmer erëm zréckkommen. D'Liewensdauer vu Gesetzer an deene Beräicher hei ass menger Meinung no souwiesou manner laang, wéi dat fréier de Fall war.

Fakt ass, dass bei der Gestaltung vun deem Projet de loi d'Sozialpartner staark involvéiert waren, och kontrovers, mä ëmmerhi ganz staark mat dru geschafft hunn a matgeholfen, dass een dat Wierk do kéint zustane bréngen. Wichtig ass och ze ënnerstreichen, dass d'Gewerbeinspektioun selwer staark hei mat agebonne war an Hiert dozou bäigedroen huet an deem Mat-sproocherecht, wat hir zousteet. Déi Commission consultative, esou wäit wéi se funktionéiert huet, huet Hiert dozou bäigedroen. De Statsrot, trotz sengen zéng Oppositions formelles, huet a sech awer och eng konstruktiv Attitüd ageholl. Dat alles zesummen, mat deenen dach positiven Diskussiounen an eiser Kommissioun, bréngt dat Resultat, wat virun eis läit a wat engem ka wäitgehend Satisfaktioun ginn.

Et sief mer awer erlaabt, Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, e puer kritesche Bemerkungen oder Bémolen unzuebréngen:

Éischtens emol stëmme mer mam BIT a mam Conseil d'État doriwwer iwwereneen, wat d'Kritik an d'Bedauern ubelaangt, dass mat dëser Reform den Zäitpunkt verpasst gëtt, de Prinzip vun der Unicitéit ze realiséieren, dat heescht, dee vun enger eenzeger Gewerbeinspektioun, souwuel fir de Privatsektor wéi fir den öffentliche Sektor, mä och fir d'Indépendanten. Iwwert déi huet eigentlech haut nach kee geschwat, mä déi sinn am loftleere Raum an och déi musse viru sech selwer oft geschützt ginn. Och do gëtt et grave Accidents a Gesondheetsschied. Och do misst also eppes ënnerholl ginn.

De Privatsektor, den öffentliche Sektor, d'Indépendanten an enger Gewerbeinspektioun wier méi Effikasitéit engersäits an et wier manner bürokrateschen Opwand op där anerer Säit. Déi Kräfte kéinten also aneschters gebündelt an agesat ginn, fir deene Missiounen gerecht ze ginn. Mir hunn also souzesoen e Quantesprung do verpasst, och aus parteipoliteschen lwwerleungen an och well et net am Koalitiounsprogramm expressis verbis stoung. Wat jo mäi Kolleeg, den honorabelen Alexandre Krieps, ëmmer erëm dozou verleet fir ze soen: Schreift et an Är Wahlprogrammer! Vläch matmacht Dir datselwecht, Här Krieps, an da gesi mer, wat d'Reaktiounen sinn.

Jiddefalls menge mer, dass et wichtig wier, dass een déi Diskussiounen do féiert an dass ee kuckt, wou iwwerhaupt iwwerall déi Unicitéit do noutwendeg wier. Dat géif jo och heeschen, an ech soen et nach eng Kéier, dass een deene Kritiken a Meenungen an Oppositions formelles, déi a ville Kommissiounen oder beim Conseil d'État oder bei der Berufschambere gefouert gi sinn, géif nokommen.

Eis Verfassung gesäit eigentlech de Prinzip vun der Gläichheet vir, a mir missten eigentlech déi sinn, well et do verankert ass, déi dat selwer och respektéieren. Mä mir wëssen aus der rezenter Vergaangenheet bei Gesetzer, déi éineschters ugesprach gi sinn, dass mer et och do net fäerdeg bruecht hunn an een all Kéiers entweder mengt, et géif een eng Regierungskris provozéieren oder d'Gesetz selwer géif net méi zur Ofstëmmung kommen, géif d'Baach eragoen. Dat kann et jo net sinn!

Et ass an deem Sënn, wou ech mer erlaben eng Motioun de déposéieren, déi net nëmme vun der Majoritéitspartei ënner-

schriwwen ass. Et freet mech, dass och d'ADR an den Aly Jaerling dat matdroen. Mat där Motioun wëlle mer d'Regierung op-fuerderen, endlech de Wee ze begoen, an-deem déi néideg Viraarbecht gemaach gëtt, eng Oplëschtung vu bestehende Ge-setzer oder vu Projets de loi, déi nach um Instanzewee sinn, wou déi Differenz të-schent Secteur public a Secteur privé ëm-mer, das besteet, fir dass een deem Spuk dach iergendwann en Enn ka setzen.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant que la Constitution du Grand-Duché de Luxembourg impose un traite-ment identique des salariés du secteur pu-blic, des salariés du secteur privé et des in-dépendants dans le domaine de la sécurité au travail;

- considérant que la loi du 19 mars 1988 concernant la sécurité dans les administra-tions et services de l'État, dans les établis-sements publics et dans les écoles a ins-tauré un statut spécifique pour les ressortis-sants du secteur public;

- considérant qu'un régime d'inspection du travail unique permettrait une réelle har-monisation du fonctionnement du système de prévention et de surveillance en matière de l'application des normes de santé et de sé-curité au travail;

- considérant que

le Bureau International du Travail (BIT), dans son audit du système d'inspection du travail du Grand-Duché de Luxembourg de 2002,

le Comité des Hauts Responsables de l'Ins-pection du Travail (CHRIT), dans son rap-port sur l'évaluation du système d'inspec-tion au Grand-Duché de Luxembourg de 2003,

le Conseil d'État, dans ses avis sur le projet de loi portant réforme de l'Inspection du tra-vail et des mines,

la Chambre des Employés privés et la Chambre de Travail, dans leurs avis sur le projet de loi portant réforme de l'Inspection du travail et des mines,

suggèrent tous la mise en place d'un sys-tème d'inspection du travail unique;

- considérant que la Commission du Travail et de l'Emploi, dans son rapport sur le pro-jet de loi portant réforme de l'Inspection du travail et des mines, regrette qu'une chance concrète de dépasser une fois pour toutes le clivage entre le secteur public, le secteur privé et les indépendants en matière de pro-tection de la sécurité et la santé au travail ait été ratée;

invite le Gouvernement

- à entamer les discussions préparatoires en vue de la mise en place d'un système d'inspection de travail unique incluant le secteur public et les indépendants;

- à adopter dans l'avenir une approche gé-nérale pour tous les domaines qui risquent de différencier entre salariés du secteur privé, salariés du secteur public et indépen-dants.

(s.) John Castegnaro, Gast Gibéryen, Mar-cel Glesener, Aly Jaerling, Romain Schnei-der, Marc Spautz.

Eng zweet Kritik oder de Bémol ass d'Of-schafung vun de Kontrolleren. Mäi Frënd Alexandre Krieps, deen honorabelen, huet elo zum Schluss ëmmer nach vun de Kon-trollere geschwat. Neen, Här Krieps, mir schafen déi of! Et gëtt déi net méi! Mir kënnen se ëmmer nach esou nennen, nostal-gesch klängt dat dann ëmmer nach gutt, mä mir schafe se of a si ginn ersat duerch Inspekteren. Dat klängt och vill besser wéi Kontrollerr, mä domat geet et awer net duer. Ech kommen dorop nach zrëck.

Den Ausgangspunkt vun der Ofschafung vun de Kontrolleren ass wéi esou oft d'Fonc-tion-publique-s-Gesetz, d'Gehältergesetz mat alle Komplikatiounen a wou esou Kon-trolleren, obwuel se gutt Aarbecht maa-chen, Friemkierper sinn a bleiwen. Dat soll awer elo verschwannen.

Zweetens, d'BIT-Konventioun...

(Interruption)

Ech si jo nach net fäerdeg, Här Glesener, sidd net esou opgereeg! Hutt Gedold!

Dann d'BIT-Konventioun an -Interventioun, déi seet, mir müssen all Leit, déi an der Ins-pektioun schaffen, op een Niveau setzen, fir dass se alleguer - den Direkter vill méi, déi aner da manner, awer ëmmerhin - nach vill Rechter behalen, fir hir Aarbecht kënnen ze maachen, well d'Problematik vun hire Be-fugnisser ganz enk zesummenhänkt. Mä ech mengen, et sinn elo 13 Kontrolleren, déi bei der ITM beschäftegt sinn. Ech gi gären zou, do sinn der zwee, dräi, déi mam Gehäl-tergesetz a mat de Regelen net a Konflikt geroden, well se aner Schoulcertificaten hunn; mä anerer hu Schwieregkeeten.

Ech wëll einfach zur Geschicht soen, dass eben déi Kontrolleren do vun den national representative Gewerkschafte virgeschloe gi sinn, well se och d'Capacitéit haten, fir déi Funktioun an de Betriber kënnen aus-zeüben. Hir Aktivitéit war eng ausgezee-chent an eng unerkannten Aktivitéit, well se ganz no zu der Realitéit am Betrib waren. Si sinn aus de Betriber komm, si wosste wat an de Betriber géif lafen. Si hu souwuel d'Leit, déi an de Betriber schaffen, kannt souwéi se och d'Chefen oder d'Patronë kannt hunn, a si hunn et fäerdeg bruecht, an hirer Kontroll-funktioun net de béise Kontroller ze spillen, mä an der Regel de Schlichter ze spillen, sech anzesetzen, fir Konflikter, déi entstane sinn tëschent Delegatiounen a Patronen, të-schent Salariéen an dem Patron, op eng ganz einfach Aart a Weis oft vum Dësch ze kréien. Si hunn och ganz vill Informatioun-saarbecht gemaach, déi jiddferengem ze-guttkomm ass, dem Patron esougutt wéi dem Salarié.

Bon, elo hëlleft et eis och net vill, wéi dat elo virdru scho geschitt ass, Krokodillstréinen ze verléieren, well dat ofgeschaaft gëtt. Am Endeffekt si mer eis jo alleguerten eens, dass mer net emol derlaanscht kommen, fir et ofzeschaffen.

D'Kontrollere mutéieren also elo zu Inspek-teren a ginn an Zukunft net méi virge-schloen, mä ginn an Zukunft - an dat ass jo gesot ginn - iwwert den normale Rekrutéie-rungswee a -methode beim Stat agestallt. Hinne feelt dann déi Praxis, wat den Avan-tage vun deenen anere war, mä vläicht fënn't een do och Mëttel a Weeër, fir déi nei Leit, déi dann do kommen, méi mat der Realitéit um Terrain bekannt ze maachen, fir dass se méiglechst och déi Qualitéiten do kréien, déi hir Virgänger - d'Kontrolleren, déi jo elo mutéieren zu Inspekteren, déi nach do sinn - souwisou hunn.

Mä d'Gewerkschafte waren asiichteg - meeschtens si se dat souwisou - a si hunn also mat ganz schwéierem Härzen, mä op-grond vun der Argumentatioun deem misse Rechnung droen.

D'Kritik an d'Bedauern, wat ech wëll äus-seren, dat ass dass all Gutts, wat mer iw-vert déi Kontrollere soen, näischt drun än-nert, dass hiren Iwwergang an den eigentle-chen Apparat, vum Kontroller zum Inspek-ter an zum Fonctionnaire, also hiren neie Statut dee se da solle kréien, hir Aklasséierung, méi schwéierfällg ass, wéi de Luef, dee mer vis-à-vis vun hinnen - besonnesch haut, mä och an de leschte Méint - ëmmer ausge-dréckt hunn.

Ech hätt mer perséinlech - an ech hunn och intervenéiert, anerer och, an deem Sënn - gewünscht, dass een hätt misse versichen eng méi grousszügeg Léisung an domat och eng Unerkennung fir hir Qualitéiten an d'Bedeutung vun hirer Aarbecht ze fannen, well den Titel an d'Befugnisser vum Inspek-ter ass eng Saach, d'Gehalt ass eng aner, awer keng onwichtig. Et ass och eng Fro vu Gewiichtung herno an där Verwaltung. Dat fonctionnéiert eben esou.

Mä nach eng Kéier: Déi zimlech starr a stur Gehälterpolitik a Politik vun Aklasséiere beim Stat, wat och mat Egoismus e bëssen ze dinn huet, mécht dat doten net méiglech. Dat féiert mech awer dozou, e gewëssene Parallellismus haut hei ze soen, nämlech mir haten elo zweemol eng Protestmanifesta-tioun, eng Kéier vun den Enseignanten an eng Kéier vun de Sozial- a Gesondheetsbe-ruffer, den Educateuren an den Infirmerien, déi jo och erliewen, wéi schwierg et ass, sech an deem Gehälterwirrwarr do erëmze-fannen a wat fir eng Moyenen oft ugewannt ginn, fir dat, wat richtig wier, awer net mis-sen ze maachen.

Dat gesot, wëll ech dann awer och nach Po-sitives ervirsträichen. Och wa mer d'Unici-téit mat dësem Gesetz net realiséieren, gëtt dach awer dann dee Comité de coordina-tion ënnert dem Virsëtz vum Aarbechtsmi-nister realiséiert. Dat gëtt eng Bréck mat en-gem Koordinationsgremium derbäi, dee Suerg soll droen, dass eng gemeinsam an eng geuerdnet Politik an alle Beräicher ge-maach gëtt, déi ënnert d'Zoustännegkeet vun der Gewerbeinspektioun oder aneren Inspektiounen, obwuel déi esou net heeschen an der Fonction publique, fält, an dass mer bal e Système national d'inspec-tion domat realiséieren.

Wa mer dann och d'Pluridisziplinaritéit an de Grëff kréien,...

(Interruption)

Dat war gutt! Ech hunn lech zwee noge-lauschtert an ech hunn et honnertmol opge-sot an der Tëschenzäit, Pluridisziplinari-téit...

(Interruptions)

Jo, jo, wann ee CGT-President ginn ass, dann huet een och misse kënnen FNCTT-FEL soen,...

(Hilarité)

...soss wier een dat och net ginn, an et gëtt nach aner esou Beispiller. Et ass also scho vill verlaangt an...

» Mme Anne Brasseur (DP).- Déi Saa-chen, déi léiert een och nëmmen duerch Widerhuelungen.

» M. John Castegnaro (LSAP).- Majo, Madame Brasseur, wann et der lauter wéi eis hei géif ginn, da wier PISA och besser ausgefall. Ech weess dat jo!

(Hilarité)

» Mme Anne Brasseur (DP).- Très bien!

» M. John Castegnaro (LSAP).- Mä ëmmerhin, Comité de coordination...

(Interruption)

Natierlech, ech hunn och vun lech ge-schwat, Här Hauptert!

(Interruptions et hilarité)

Koordinatioun, Système national d'inspec-tion, Pluridisziplinaritéit, national Koordina-tioun, alles dat ass jo wichteg, onheemlech wichteg, wann een d'Missioun vum der Ge-werbeinspektioun richtig kennt. Et sinn der e puer haut opgezeechent ginn. Mä den Ak-tionsradius ass jo vill méi grouss. D'Inspek-tioun spillt beim Kommodo-Inkommodo eng bedeitend an eng aarbechtsintensiv, opwändeg Roll.

D'Gewerbeinspektioun spillt och beim sou-genannte SEVESO, bei der Direktiv, wat mer ëmgewandelt hu virun x Joren, eng bedei-tend Roll. Och wann do méi verstoppt gëtt, wéi ofegeluecht gëtt. An dat ass e Wonsch, deen ech äusseren: Et misst do vill méi eng automatesch Transparenz bestoen. Bei där SEVESO-Problematik, do geet et ëm d'Sé-curité publique, do geet et ëm d'Ëmfeld, mä do geet et och ëm déi Persounen, déi an deene Betriber beschäftegt sinn. Dat ass also näischt vu Geheimniskrämerei, mä dat misst ofegeluecht ginn, dass ee sech do-mat kann auserneesetzen.

De Pavillon maritime ass och eng vun deen-nen Aufgaben, mat där d'ITM sech muss auserneesetzen. Dann ass genannt ginn: d'Heemaarbecht, den Télétravail, mat där Komplexitéit, déi den honorabelen Här Krieps opgezeechent huet. Natierlech ass dat alles net esou einfach. Mä et muss een awer wëssen, dass ganz vill Aarbecht sech aus de Betriber no heem verlagert. Do kom-men ech zrëck op dat, wat ech fir d'Indé-pendantë gesot hunn. Dat gëllt och fir déi doten, dass se sech net selwer iwwerlooss sinn a selwer iwwerhuelen an herno zu jon-ken Invaliden oder Ausgestoussenen aus der Gesellschaft ginn.

Mä fir et ëmmer erëm ze soen: Déi Aktivitéi-ten - Santé, Sécuritéit, Preventioun, Informa-tioun, Interventioun - si bedeitend. An da wëll ech just bescheide soen, dass ee jo och net kann elo trennen a soen, dass dat aneschtens wier am Privatsektor wéi am öf-fentliche Sektor oder wéi beim Indépen-dant, mä all déi Problemer sinn eigentlech iwwerall genee déiselwecht. Iwwerall muss geschützt ginn, muss kontrolléiert ginn, muss intervenéiert ginn, a virun allem muss d'Kontroll, déi gemaach gëtt, och iwwerall déiselwecht sinn. Et kéint jo net sinn, dass am Privatsektor manner oder méi ge-maach gëtt, wéi am öffentliche Sektor oder ëmgedrëint. Déi Saachen, déi mussen garantiéiert ginn a garantiéiert bleiwen, well am Endeffekt gëtt et jo keen Ënnerscheed, ob ee Salarié do ass oder Salarié an-zwousch aneschtens.

Da wëll ech just ganz bescheiden un d'Adress vun der DP an hirem Spriecher soen: Et huet keen, wéi mer iwwer Unicitéit geschwat hunn, och nach nëmmen dru ge-duecht, iwwer e Schläichwee oder eng Han-nerdier de Statut unique total anzeféieren! Dat heescht, alles an een eenzege Statut.

(Interruption)

Et gëtt der, déi awer dorun denken. Ech soen dat och, ech gehéieren och zu deen-nen, mä ech weess, dass dat e bësse méi komplizéiert ass.

(Interruptions diverses)

Mä mir wollten net hei eis d'Fonction pu-blique einverleiben. Dat ass eng Angscht, déi Der hutt. Dir schlooft hënn't bestëmm't vill besser, well Der elo héieren hutt, dass ech dat awer, jiddefalls fir meng Partei, gekläert hunn.

Ech begrëissen awer och, dass d'Gewer-beinspektioun ëmmer nach Gewerbe-inspektioun, dat heescht ITM, Inspection du Travail et des Mines heescht. Do gouf et jo och e Versuch, fir dat „Mines“ ze sträichen. Ech denken do net nëmmen un d'Nostalgie. Ech denken drun, dass mer nach ëmmer Miniëren hunn, och wa se de Moment net aktiv sinn. Mir hunn e Musée national des Mines, mir hunn d'Martelenger Schifergrou-wen, Stolzebuerg, mir hunn Tunnelen, déi jo och wéi Minne sinn, déi mussen kontrolléiert

ginn. Also ass déi Bezeechnung weiderhi richtig. Si ass also net falsch...

» M. Robert Mehlen (ADR).- Mir hunn och nach 48 Minnen!

» M. John Castegnaro (LSAP).- Jo, awer op der Pensiounslëscht. Mä ëmmerhin ass et méi wéi Nostalgie. Et ass noutwen-deg an et gehéiert einfach dozou.

Ech wëll och nach eppes aneschtens lue-wenswäert ervirsträichen. Wat bis elo gutt fonctionnéiert huet a mat Sécherheet duerno och nach, dat sinn déi gemeinsam Aktiounen, déi sougenannten Actions coup de poing vun ITM, Police, Douane, Sécurité sociale, wou bewise ginn ass, dass Verwal-tunge kënnen zesummeschaffen, wann de Wëllen, emol net de politeschen, do ass. Hei war och de Wëlle vun deenen Adminis-tratiounen do, fir et kënnen ze realiséieren.

Déi Actions coup de poing, déi hu villes be-wierkt an déi wäerten och an Zukunft villes bewierken, duerch déi Presenz, déi gemein-sam, déi massiv Presenz an duerch d'Tat-saach, dass och all Kéiers Situatiounen dé-pistéiert ginn, déi falsch sinn, déi net ze to-leréiere sinn an déi an der Regel ëmmer op d'Käschte vun de Beschäftegte ginn.

Et geet net duer, dass mer vun Dumping schwätzen. Dat do ass sozialen Dumping. Et gëtt awer och wirtschaftlechen Dumping. Duerfir muss Uerdnung bestoen. Ech hu ganz am Ufank gesot, d'Gewerbeinspek-tioun huet eng bedeitend Roll wat d'Uerd-nung um gesamten Aarbechtsmaart ube-laangt, duerch Kontrollen, och duerch Sank-tiounen, wann et net aneschtens méiglech ass.

Et ass jo bal net méi ze erdroen, wann een duerch d'Land fiert, wéi vill samschdes an dësem Land ewell geschafft gëtt a Beräi-cher, wou ee weess, dass eigentlech samschdes net dierft geschafft ginn; an ech nenne stellvertriedend e Bau. A wa mer gläichzäitg iwwer Problemer an Opräg, déi am Déifbau zrëckginn, schwätzen, da froen ech mech: Firwat mussen mer dann d'Aarbechtszäit iwwerschreiden? Do ginn natierlech allerhand Brécke gebaut, mä kréie mer dat alles kontrolléiert. Dat kann net am Sënn vun der Saach sinn. An et bleibt derbäi: D'Missioun vun der Gewerbeinspek-tioun ass och déi, fir d'Ausbeutung vun deene Leit, déi schaffen, ze verhënnern.

Ech wëll ofschléissend soen: Eng ITM ass ëmsou méi effikass wéi se och op modern Gesetzer, déi à la base vun allem sinn, zrëckgräife kann. Ech soen et duerfir, well d'Delegatiounsgesetz vun Enn de 70er Jore reformfällg ass, dass Matbestëmmungs-gesetzer, besonnesch déi vun de Comités mixtes vu '74 mussen reforméiert ginn. Mir hunn do e gewëssene Reformstau. Dee gëtt elo erkläert mat dem Statut unique, dee mer deemnächst hei am Haus diskutéieren a méi wéi sécher och ofstëmme wäerten.

Mä domat ass et net gedoen! Dozou ge-héiert iwwregens och d'Ëmsetzung vun der Direktiv „information/consultation“, déi sou-genannte Vilvoorde-Direktiv, wou elo een neie Projet de loi um Instanzewee ass. Alles dat hëlleft der Gewerbeinspektioun, esou wéi et de Salariéen hëlleft hir Rechter ze kréien, awer och hir Flichten ze kennen, wat eigentlech am Endeffekt jiddferen arran-géiere muss.

A mir hunn eigentlech alleguer eng bedei-tend Reform schon ewechgestach, esou wéi mer villes ewechstiechen, dat ass de Code du Travail, deen ebe jiddferengem, egal op wat fir enger Sait e steet, ganz vill Transparenz bruecht huet an deen et méi einfach mécht fir ze fonctionnéieren.

Et brauch ee villes, fir ee Ganzt kënnen ze hunn. Et brauch ee politesche Courage. Et brauch een awer och d'Matverantwortung vun de Sozialpartner. An dann huet d'ITM ei-gentlech eng ergänzend a reguléierend Funktioun an net onbedéngt déi, déi hir oft ugekräit gëtt, déi vun der Police a vun de Sanktiounen.

D'LSAP stëmmt dëst bedeitend Gesetz a mir hu Vertrauen dran, dass déi Verwaltung, dass déi ITM, déi duerno do steet, esou re-forméiert wéi mer dat d'nächst Woch déci-déiere wäerten, duerchaus an der Lag ass proaktiv ze sinn, duerchaus an der Lag ass deene Missioun gerech ze ginn. Wann net, da mussen mer hir déi Moyenen zur Verfügung stellen, déi se braucht, fir et maa-chen ze kënnen.

Et ass vum ROI geschwat ginn, vum Règlement d'Ordre Intérieur. Et sinn och nach Règlements grand-ducaux iwwerfällég. Mä Wonsch ass deen den Owend, an dat hu mer an der Kommissioun scho gesot, dass d'Kommissioun déi Saache rechtzäiteg virgeluecht kritt, dass se och ka matdiskutéieren. Dat gehéiert einfach dozou. An ech ginn och dovun aus, dass dat kee Problem ass.

Ofschléissend dann nach eng Kéier alleguer deene Merci, déi an iergendenger Form hei mat Hand ugeluecht hunn.

» **Plusieurs voix.** - Très bien.

» **M. le Président.** - Merci, Här Castegnaro. Déi nächst Riednerin ass d'Madame Loschetter, Dir hutt d'Wuert.

» **Mme Viviane Loschetter (DÉI GRÉNG).** - Merci, Här President, Dir Damen an Dir Hären, ech widderhuelen net alles wat bis elo scho gesot ginn ass, ausser datt ech, wéi all déi aner och, dem Rapporteur Merci soe fir seng Aarbecht als Rapporteur.

Wat mech erstaunt huet wéi ech de Rapport vum Rapporteur gelies hunn - net erstaunt, mä schmunzele geden huet -, dat war an de Considérations générales dat Wuert Genèse. An effektiv ass dat scho bal eng ganz Geschicht fir sech déi Genèse vun der Reform vun der ITM, déi ufanks dem 20. Jorhonnert kreéiert ginn ass, an effektiv déi lescht Revisioun - esou wéi een op Sandweiler fiert - vun deem Gesetz war 1974.

Et ass awer schonn 1980 öffentlech driwwer geschwat ginn an och zougi ginn, datt eng Reform noutwendeg wär. Also 1980, dat si keng 15 Joer, dat sinn iwwer 30 Joer, a wann een dann déi Mésaventure iwwerspréngt vun deem Avant-projet de loi 1991, da kommen ech direkt op den Audit vum BIT, deen 2001 an Optrag gi ginn ass an 2002 stattfonnt huet a wou och do dann eng ganz Rutsch vu Recommandatiounen komm sinn.

Ech denken, datt deen deemolegen a jëtzegeen Aarbechtsminister eng ganz Rëtsch vu Recommandatiounen, awer vläicht net genuch, mat op de Wee geholl huet an dunn och de Projet de loi 2003 déposéiert huet.

Verschieden Hürden huet hie missen ëmgoen. Hien huet misse subtil Slalom fueren. Et war vill Schreiwees. Et waren alt eng ganz Rëtsch Reese bis op Genève. Et waren Négociatiounen. Et war awer virun allem och, denken ech, den Avis vum Conseil d'État, gespickt mat Oppositions formelles, esou wéi de Rapporteur dat virun hei gesot huet, deen et dozou bruecht huet, datt déi deemoleg oder dës Regierung, zumindest deeselwechten Aarbechtsminister, dann och eng ganz Rëtsch vun Amendementer eraginn huet, laanscht déi dunn och kee méi komm ass a wat dann dozou gefouert huet, datt mer praktesch en neie Projet de loi, wéi dat scho gesot ginn ass, presentéiert kritt hunn.

De Projet de loi ass dunn an dëser Legislaturperiood mat den zum Deel neie Membere vun der Kommissioun erëm op de Métier geholl ginn. Déi ganz Rei vun Amendementer ass duerchdiskutéiert ginn. Mir kruten och eng ganz Rei vu Kritiken, notament vun de Berufschamberen. Ech hiewen déi vun der Chambre des Employés privés ervir, well déi ganz kritesch waren - déi hu vläicht och am meeschten domadder ze dinn. An et stëmmt och, datt mer ganz lieweg, interessant a souguer och flott Diskussiounen zu deem Projet de loi an der Chamberskommissioun haten.

Ech wëll am Numm vun onser Fraktioun, der grénger Fraktioun, zu véier Punkte just Stellung huelen, fir am Fong geholl net datselwecht ze widderhuelen, wat gesot ginn ass, wou mir ons deem och kënne ralliëieren, mä ech wëll am Fong geholl ervirhiewen, wou mir nach méi spezifesch eppes wëlle soe respektiv wou mir ons net ralliëiere kënnen:

Dat sinn d'Missionen an deem alen Artikel 3, d'Organisatioun an deem alen Artikel 8, de faméise Comité de coordination an deem alen Artikel 5, an dann natierlech déi berühmt Definitioun vum Salarié an deem alen Artikel 2.

D'Missionne si kloer. Si sinn och ausféierlech beschriwwen. Si sinn och all noutwendeg. Mir begrëssen och déi proaktiv an déi preventiv Descriptioun vun de Missionen an dësem Projet de loi, virun allem an

Domän Sécurité/Santé an och de Motto, wéi de Rapporteur dat och flott beschriwwen huet: Hëllef, duerno kontrolléieren an da schlussendlech, wann et net méi anescht geet, sanktionéieren.

Ech wëll awer zu de Missionne soen, déi hu sech - an et ass schonn hei ugeklonge vu verschiddene vu menge Kolleegen - méi wéi verduebelt! Den Effektiv huet awer stagnéiert. An ech hunn och den Direkter vun der ITM um Radio héiere wéi hien dann déi international Normen, déi de BIT dann ugëtt, beschriwwen huet, an hien huet gemengt ene Inspekter pro 10.000 Concerneiert a mir waren hei zu Lëtzebuerg ongeféier bei der Halschent, vläicht souguer ënnert der Halschent.

Dat erënnert mech och un eng Diskussioun, déi mer nach virun net ganz laanger Zäit an der Kommissioun haten, mä och an der Öffentlechkeet, iwwert dat wat en aneren Audit gesot huet, nämlech dee vun der OCDE am Kader vun der ADEM a par rapport zu den Zuele vun de Placeuren.

Och mir denken, datt vläicht net zum Beschten diskutéiert a verhandelt ginn ass mam Personal, mat de verschiddenen A.s.b.l.en, an datt awer zähneknirschend verschidde Leit nach an der ITM sëtzen. Dat ass natierlech net glécklech. Hätt een net vläicht awer kënnen, sollen oder souguer missen zousätzlech Verhandlungsweeër, Diskussionsweeër aschloen, fir ee beschtméiglecht Aarbechtsklima ze garantéieren an der ITM, grad déi ITM, déi och dofir suerge soll, datt all déi aner och dat beschtméiglecht Aarbechtsklima sollen hunn? Dat ass eng Fro, déi ech stellen. Mir hunn net genuch Abléck, fir deem kënnen objektiv nozegoen, mä et ass awer e batteren No-geschmaach.

Wat d'Organisatioun vun der Reform vun der ITM ubelaangt, do haten DÉI GRÉNG vun Ufank u gesot, datt mer dee Projet de loi hei net kéinte matdroen a senger initialer Form - dat heescht, net déi alleréisch, mä déi duerno -, wann d'Reform u sech net am Projet de loi iergendwéi awer beschriwwen wär, dat heescht, wat reforméiert gëtt a wéi et reforméiert gëtt, net bis an dee leschten Detail, mä iergendeppes misst drastoen. Dat heescht, d'Weichestellung missten am Projet de loi drastoen, an da selbstverständlech misst komplettéiert gi mat engem Règlement grand-ducal.

Ech denken, deem ass - och op Drock vläicht vun eis - Rechnung gedroe ginn. Et hu sech eng ganz Rutsch vu Kommissiounsmemberen där Fuerderung ralliéiert. Ech denken, datt deen alen Artikel, deen d'Organisatioun beschreift, och elo esou agencéiert ass, datt e Règlement grand-ducal an e Règlement d'ordre interne sech eigentlech kéinten dorop praffen.

Ech wëll dat Wuert, wat jiddferen elo probéiert huet hei ze soen, net nach eng Kéier widderhuelen, mä d'Koordinatioun an och d'Vernetzung tëschent deene verschiddenen Agencen ass eng ganz wichteg Saach, wéi och vum BIT e puermol ënnerstrach ginn ass.

Déi Saache sinn dran enthalen, a mir ginn eigentlech aus vum gesonde Mënscheverstand vun deene Leit, déi d'Règlements grand-ducaux schreiwen, a virun allem vun deene Leit, déi zoustänneg sinn herno fir de Règlement d'ordre interne auszeschaffen, an datt mer doduerch dann och eng effikass an effizient ITM kréien.

Zum Comité de coordination. Also, wann ech zynesch wär, géif ech soen, Här President, dat ass eng gutt Trouvaille, mä elo Spaass bei Sait a seriö: Mir denken och, datt et e wichteg Instrument ass. Et ass awer keen Ersatz zu enger nach méi wichtiger a fundamentaler Annerung, déi hätt misse geschéien, zu där Reform, déi hätt misse geschéien. Ech kommen nach dorop zrëck.

Duerfir och meng gemëschte Gefiller zu dësem Comité, dee mer awer tout compte fait, esou wéi en do ass, begrëissen an deem mer och eng glécklech Hand wënschen. Mir wënschen deem Comité de coordination, datt et effektiv eng „success story“ gëtt, déi dann och beweist, datt esou Saachen, op déi ech zrëckkommen, och méiglech sinn.

Wat ass esou fantastesch an innovativ un dësem Comité? Majo, en extrem couragéisen Amendement gouvernemental huet d'Zesummesetzung vun dësem Comité geännert an huet niewent der ITM, der Division Santé au Travail, der Douane, den Assurancen, dann och de Service national de la sécurité dans la fonction publique dra vertrat. Déi ass elo dra vertrueden, déi omnéiers Fonction publique, an dat alles ënnert der eenzeger Tutelle vun deem dann och ganz couragéierten Aarbechtsminister, deen dat a presidéiert.

Dat ass eng Première am Ofbau vun de Beréierungsängschten tëschent dem Secteur privé an der Fonction publique, u sech eng

gutt Saach, an dach awer e bëssen en traurege Succès an där ganzer Reform.

Dës Manöver, wann ech et e bësse salopp esou kann ausdrécken, huet et erlaabt, datt de BIT schlussendlech net do euphoresch zougesot huet zu där Combine, mä „dajee alt“ gesot huet, an dat domadder och konnt gläichstelle mat där Recommandatioun, déi e ginn hat, nämlech eng Unicitéit an der Reform ze garantéieren.

Dat war och ganz a guer net, wat de BIT awer a sengem Audit recommandéiert hat - initialement! Et war och ganz a guer net, wat de Conseil d'État gesot huet a senger sämtlechen Avisen.

An ech muss och eng Kritik vum Rapport un de Rapporteur maachen, dee schreift: «Le Conseil d'État n'a émis aucune critique à ce propos dans son deuxième avis complémentaire du 23 octobre 2007.» Mä et misst ee méi prezis a méi richteg «aucune critique supplémentaire» soen, well ech denken, datt de Conseil d'État nach ëmmer bei senger Meenung ass, net nëmmen, mä och zu dësem Projet de loi, datt déi Reform eigentlech hätt missen d'Unicitéit beinhalten.

An et ass och ganz a guer net, wat notament - an zu Recht, denke mir - d'Chambre des Employés privés gefuerdert huet.

D'Definition vum Salarié, d'Fonction publique, d'Indépendanté ginn net d'selwecht considéiert, wéi esou oft, an och - et ass scho gesot ginn - de Pavillon maritime bleift eng Grozon an där ganzer Reform vun der ITM.

Et ass och ganz a guer net esou, wéi praktesch all Member vun der Aarbechterkommissioun sech dat virgestallt hat. Do waren hefteg Diskussiounen a während den Diskussiounen ware mer eis och praktesch - och wa jiddferen seng Erklärung ginn huet, firwat dat schlussendlech net méiglech wär -, awer eens, an ech kann dat jo hei vill méi fräi soen, datt eigentlech misst an där Reform vun der ITM d'Unicitéit dra sinn an datt et wierklech eng verpasste Chance ass no esou enger laanger Gestatioun vu 15 Joer, datt et awer net fäerdeg bruecht ginn ass, fir alles ënner een Hutt respektiv an ee Gesetz ze kréien.

Elo kann ee soen, et stoung net am Koalitionsaccord; elo kann een och soen, et gëtt en Accord salarial an esou, mä d'Regierung an notament och den Aarbechtsminister hunn eis net méi spéit wéi virun e puer Méint nach hir extrem gutt Verhandlungskompetenze bewisen, andeem eppes, wat net an engem Koalitionsaccord war a wat huet misse ganz schwéier négociéiert ginn, nämlech de Statut unique, duerchkomm ass. Deen hu mer awer hei elo an engem Projet de loi, wat jo flott ass, wat mir och als extrem couragéisen an och flott verhandelt fannen, fir elo dat emol ganz einfach ze beschreiwen, also hätt dat heite misse wierklech méiglech sinn. Virun allem, well - an dat ass gutt beschriwwen gi vun engem vu menge Virriedner, ech weess net méi wien - d'Sécherheet an d'Santé op der Aarbecht jo fir jiddferen déiselwecht sinn, a well een eigentlech...

(**Interruption**)

Jo, da war et mäi Kolleeg Castegnaro, an dat stëmmt och.

(**Interruption et hilarité**)

D'Sécherheet an d'Santé op der Aarbechtsplaz si fir jiddferen d'selwecht, an et kann net sinn, datt, well deen een an deem enge Statut ass an deen aneren an deem aneren - heiansdo schaffe se vläicht och nach an darselwechter Missioun oder hunn eng ähnlech Aarbecht -, dat net beienee kënn.

Ech muss och soen, datt déi Motioun awer dach enttäuschend fir eis ass. Mir hätten eis dann och an deem Sënn eppes méi Peppeges virgestallt. Et muss ee soen, datt schlussendlech den Elefant vun enger klenger Maus accouchéiert huet. Dat fanne mir net flott an duerfir enthalte mir eis bei dëser Motioun - awer net, well mer géint déi gutt Usätz wieren, wa se dann och wäerte geschéien, mä fir eis beschreift déi Motioun eischter «Les chiens aboient, la caravane passe.»

Iergendwa muss d'Politik sech...

(**Brouhaha général**)

» **Une voix.** - Dir wäert jo net behaupten, den Aarbechtsminister wär eng Karawan!

(**Interruptions et hilarité**)

» **Une autre voix.** - Et gëtt jo och aner Déieren, déi Karawanen...

(**Hilarité**)

» **M. le Président.** - Madame Loschetter, loosst lech net duerjernerbréngen duerch...

» **Une voix.** -...duerch Är eege Kolleegen.

» **Mme Viviane Loschetter (DÉI GRÉNG).** - Also, iergendwa muss d'Politik sech mat deem extra...

» **M. le Président.** -...duerch Aussoen iwwert d'Zoologie.

(**Hilarité**)

» **Mme Viviane Loschetter (DÉI GRÉNG).** - Jo.

Also, iergendwa muss d'Politik - ech kommen erëm zu de seriöse Saachen - sech mat dem Extrastatus vun der Fonction publique ausenanersetzen.

» **Une voix.** - Très bien.

» **Mme Viviane Loschetter (DÉI GRÉNG).** - Et kascht natierlech politesche Courage. Ech brauch lech heibannen net ze erkläre firwat, mä et geet och ëm d'politesch Eierlechkeet an ëm d'politesch Konsequenz, wéi déi eenzel Parteien, Fraktioun oder Regierungen sech virstellen, dëst Land an Zukunft ze organiséieren, well hei geet et net nëmmen iergendwann ëm d'Cohésion sociale, mä - deux poids, deux mesures - scho bal ëm Apartheid-Verhältnissen.

Et ass carrément ongerecht e Land an eiser atypescher Situatioun vum Aarbechtsmaart an Awunner-Pendler-Bild weider esou ze organiséieren. Net einfach ass et natierlech iwwer Acquisé mat der Fonction publique ze diskutéieren, mä, wéi ech et scho gesot hunn, eng Reform, déi 15 Joer dauert, wou et eigentlech keng Moins-value fir d'Fonction publique gëtt, ausser där vläicht, datt se d'selwecht behandelt gi wéi all normale Stierflechen aus dësem Land an aus der Groussregioun, hätt kënne méi bréngen.

Dës Reform wär och e gutt Beispill gewiescht, fir en Ufank ze maache vun enger kohärenter a gerechter Politik virun allem a Saachen Aarbechts- a Beschäftigungspolitik, fir esou eppes ze initiéieren an eng Richtlinn unzeginn. Mir Gréng wëlle kee benodeelegen, mä mir wäerte konsequent antriede fir eng Gläichbehandlung vun alle Leit am Generellen an alle schaffende Leit zu Lëtzebuerg am Prezisen.

Et ass och schonn hei gesot ginn, mir sinn ëmmer erëm domadder konfrontéiert, virun allem an der Aarbechtskommissioun, well mer do vill mat Direktive vu Bréissel konfrontéiert sinn. Mir sinn och mat en etlech Auditë vun internationalen Institutiounen beschäftigt, an do stousse mer ëmmer erëm op déi speziell Organisatioun zu Lëtzebuerg, nämlech datt mer ëmmer mussen en Ennerscheed maachen tëschent deenen engen an deenen aneren.

Et stëmmt, datt vläicht net nëmmen d'Majoritéitsparteien dee politesche Wëllen a politesche Courage net hunn an datt dat och e Problem ass, mä mir sinn awer net méi bereet, dës ongesond Situatioun fir ons Gesellschaft matzedroen. Dat ass dann och de Grond, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, firwat mir ons zu dësem Projet enthalen.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Madame Loschetter. Den nächste Riedner ass den Här Gibéryen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, och vun eiser Sait aus e Wuert vu Merci un de Kolleeg Marcel Glesener. Ech mengen, fir de Kolleeg Glesener, dee laang Gewerkschaftspräsident war, laang Gewerkschaftler war, ass dat heite schonn e flotte Moment gewiescht, fir kënne Rapporteur zu engem Gesetz ze sinn, wou hie wahrscheinlech als Gewerkschaftler scho bal Jorzéngte mat dru gekämpft huet, fir datt mer déi Reform hei solle kréien.

Duerfir war et och e bëssen normal, datt haut hei méi Gewerkschaftler erausgeschéckt gi sinn. Souguer d'Demokratesch Partei hat hire Gewerkschaftler haut erausgeschéckt...

(**Hilarité et interruptions diverses**)

...fir zu dësem Gesetz ze schwätzen, well et einfach e Gesetz ass, wat laang iwwerfällég ass. E Gesetz, mengen ech, wou mer haut endlech dozou komme fir d'ITM einfach der Zäit unzepassen.

Ech wëll elo net méi alles dat répétéieren, wat de Mëtteg d'Kolleegen hei gesot hunn. Ech mengen, d'Aarbechtswelt, déi huet sech an där Zäit, wou d'ITM besteet, komplett geännert. D'Gesellschaft huet sech geännert, d'Konditiounen hu sech geännert. D'Zuel vun de Salariéen an d'Zuel vun de Betriber hu sech dramatesch no uewe geännert. D'Ëmweltkonditiounen, d'Beelaaschtungen, et ass alles net komplizéiert ginn. Virun allem, wat mer net dierfe vergiessen, och d'gesetzlech Basissen, souwuel déi national wéi déi europäesch, sinn haut vill méi komplizéiert ginn, wéi dat virun enger Rei vu Joren de Fall war. Duerfir ass et och net méi wéi richteg, datt mer d'ITM dem Zäitgeescht upassen.

Ech wëll nëmmen op zwee Punkten agoen. Dat eent ass de Punkt vun der Motioun, déi hei deponéiert ginn ass, fir eben dohinner ze wierken, datt mer am Prinzip hei am Land nëmmen eng Gewerbeinspektioun brauchen.

Mir hunn elo eng Zwëscheléisung hei, ech géif éischter soen, vläicht eng Iwwergangsléisung als Resultat kritt, wou mer eng national Koordinatiounsinstanz kréien, wat mer allerdéngs och bedauern. Mä mir wëssen awer, wéi d'politesch Spillregelen hei am Land sinn, datt ee verschidde Saache muss an e puer Schrëtt maachen, déi nawell genausou gutt an engem Schratt gemaach gi wieren.

Et ass schwéier ze verstoen, datt mer hei elo am Fong mussen dat getrennt loossen, obschonn, wéi scho verschidde Virriedner et gesot hunn, d'Sécherheet oder d'Aarbechtskonditiounen fir deen een a fir deen anere mussen déiselwecht a genausou wichteg sinn.

Et ass och schwéier ze erklären, datt fir déi Leit, déi an deenen enge Gebaier schaffen, a fir déi, déi an anere Gebaier schaffen, mussen verschidde Leit kontrolléiere goen. Et ass schwéier ze erklären, well mer jo elo duerch dëst Gesetz och aus deene Kontrolleren Inspektoren maachen, sou datt dat am Fong eng staatlech Verwaltung ass, datt déi Inspektoren Fonctionnaire sinn an trotzdeem mer mengen, déi wieren awer net gutt genuch, et missten aner Fonctionnaire sinn, fir eben d'Fonction publique ze kontrolléieren an, géif ech och soen, fir déi Leit, déi op deenen zwou Säite schaffen, zu hire Rechter kommen ze loossen.

Mir bedauern, datt wéi gesot de BIT, de Conseil d'État sech och an déi Richtung agesat hunn. Wann ech heibannen d'Diskussioun héieren, ass och eng Majoritéit heibannen, géif ech soen, déi et gär gehat hätt. Da mussen mer natierlech mea culpa maachen, datt mer zesummen net dee politesche Courage fäerdeg bruecht hunn, fir dat dann och duerchzesetzen, wat eng grouss Majoritéit vun eis heibannen awer géif wëllen.

Duerfir géif ech mengen, solle mer dat heiten dann eben als eng Etapp ugesinn an hoffen, datt déi Motioun, déi mer d'nächst Woch hei unhuelen, bewierkt, datt mer dann awer an Zukunft zu deem engen a wichtege Resultat kommen. An ech mengen, och wa mer esou vill vun administrativer Vereinfachung schwätzen, dann ass dat heite sécherlech eent vun deene schlechte Beispiler, wa mer doriwwer diskutéieren, datt mer dat elo hei nach zweegleiseg wäerten an Zukunft virufieren.

Een zweet Wuert, wat ech verléiere wëll, dat ass iwwert d'Kontrolleren, wat elo Inspektoren ginn. Bis elo sinn déi Kontrollere vun den national representative Gewerkschaften proposéiert ginn. Déi Leit hunn an der Vergaangenheet bis haut ëmmer eng gutt Aarbecht gemaach. Dat soll een unerkennen.

Mir wëssen awer och, datt mer haut eben och op Proposition vum BIT, mä ech géif awer och mengen objektiverweis richteg leien, wa mer soen, datt déi Leit, déi jo awer och vill Pouvoiren hunn an elo nach méi kréien, sollte vereedegt Beamte sinn, Fonctionnaire sinn, déi eng gewëssen Neutralitéit, eng gewëssen Objektivitéit hunn, déi ech deenen aneren net wëll falsch maachen, mä wou een awer ka méi eng Garantie ginn.

Well et muss een awer wëssen, datt virdrun een ëmmer wosst, wann e Kontrollier komm ass, datt et awer ëmmer eng Persoun war, déi vun de Gewerkschaften proposéiert war, an datt och duerfir, dat kann ee verstoen, vun der Säit vun de Betriber déi Leit net déi Objektivitéit d'office unerkannt kritt hunn, well gesot ginn ass, si kommen awer aus de Gewerkschaftskreesser, also sti se méi op där doter Säit. Ech mengen, wann een dat Gesetz an all d'Gesetzer, deenen d'ITM ënnerläit, kuckt, da muss een och kënnen no deenen zwou Säiten d'Garantie ginn, datt do eng Onofhängegkeet, eng Neutralitéit vun deene Leit besteet.

Et ass virdrun och hei gesot gi vum Kollege Spautz, datt een awer misst kucken, datt déi Leit Betribererfahrung hätten. Dat ass richteg. Ech mengen, déi Leit, déi soss als Kontroller genannt gi sinn, hate sécherlech méi Betribererfahrung, wéi déi Leit, déi mer elo vläicht iwwer en neie Wee, den übleche Wee beim Stat rekrutéieren a fonctionnariséieren.

Mä ech muss awer soen, datt vläicht haut niewent der Betribererfahrung et awer och wichteg ass, datt déi Leit, déi elo Inspektoren ginn, déi néideg Formation hunn, well d'Gesetzer sinn haut esou komplizéiert ginn. Mir wëssen, datt se haut an de Betriber och Leit vis-à-vis stoen hunn, déi eng héich Formation hunn, déi Universitaire sinn, déi Affekote sinn, an dann ass et och wichteg, datt d'Gewerbeinspektioun deene

Leit ka vis-à-vis stellen, déi op enger Aenhéicht kënnen mat deenen diskutéieren. Ech mengen, dat ass och am Intérêt vun deenen zwou Säiten, datt mer Leit hunn, déi och vun der Formation hier op enger Aenhéicht mat deene schwätze kënnen.

Ech mengen wat déi Experienz, wou mir elo gesot hunn, déi aus de Betriber komm ass, ubelaangt, do mussen d'Gewerkschaften sech eben esou orientéieren, datt hir Leit, déi an de Betriber Delegéierte sinn, déi Sécherheetsdelegéierte sinn, déi Erfahrung oder déi Suergen oder Problemer, déi se an de Betriber kennen, un déi Inspektoren weiderginn. Mä ech fannen et scho richteg, datt mer haut higinn an déi Leit net nëmme fonctionnariséieren, mä datt mer se och an deene verschiddenen Niveauen op eng Aenhéicht setze mat deene Responsabelen aus de Betriber.

An ech fannen et och richteg, datt mer deene Leit, déi elo do sinn, eng Bréck bauen. Ech géif och hei en Appel maachen - ech weess, datt dat schwéier ass -, fir datt ee bei deene Leit soll wierklech versichen, dat, wat se vläicht net u schoulescher Erfahrung - losse mer esou soen - hunn, awer opgrond vun hirer praktescher Erfahrung zum Deel ze kompenséieren, fir datt mer herno awer wierklech och nëmmen eng Kategorie vu Leit an der Gewerbeinspektioun schaffen hunn.

Ech weess, datt dat - ech hunn et virdu gesot - net esou einfach hei an deem Land ass, fir esou Prozeduren duerchlafen ze loossen, mä ech mengen et wier awer am Interessi vun der Gewerbeinspektioun, wann déi Leit, déi elo schonn esou laang do sinn, net herno am Fong hanner anere Leit stinn, déi elo erakommen, mä datt een do scho géif kucken, datt d'Betribsklima an der Gewerbeinspektioun - dat wier am Interessi, mengen ech, vu jiddferengem - och gutt geregelt wier.

Dat waren am Fong déi zwou Bemierkungen, Här President, Kollegeinnen a Kollegen, déi ech nach wollt nodréiglech vun eiser Säit aus hei an d'Debatt mat erabréngen. Ech mengen, et huet kee Wäert, datt ech d'ganz Geschicht, d'Aufgabe vun der ITM an alles dat, wat de Mëtteg elo schonn e puermol hei gesot ginn ass, nach géif widerhuelen; dat géif eis just Zäit huelen, awer näischt Neies der Debatt bäibréngen.

Mir vun eiser Säit sinn op jidde Fall frou, datt dee Projet de loi hei elo endlech kann zur Ofstëmmung kommen. Mir wäerten en och stëmmen. Mir soen alleguerten deene Merci, an der Kommissioun, an der Gewerbeinspektioun an och dem Aarbechtsminister, deen hei keen einfachen Dossier hat, fir déi gutt Aarbecht, déi hei geleescht ginn ass.

» M. Robert Mehlen (ADR).- Très bien!

» Une voix.- Très bien.

» M. le Président.- Merci, Här Gibéryen. De leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Jaerling.

» M. Aly Jaerling (Indépendant).- Merci, Här President. Och besonnesch dem Här Rapporteur e grouss Merci fir säi Rapport, mä och fir déi Aarbecht an dee Feeling, deen hien hat an der Kommissioun opgrond vun all deene Recommandatiounen an Indikatiounen a Fuerderungen, déi op eis duerkomm sinn, awer mat der Kommissioun zesummen eppes auszeschaffen, wat awer Kapp a Fouss huet, och wann et net an all sengen Detailler jiddferengem entsprécht wéi en et gär hätt, besonnesch mengen ech dat mat der Fonction publique.

Et ass awer esou, dass an deem Gesetz versicht ginn ass trotzdeem eng Kontrollfunktoun iwwert de Minister do ze kréien, esou dass et, wéi et scho gesot ginn ass, een Zwëschewee ass, deen een eben elo muss goen an dann deen nächste muss kucke wéi et weidergeet.

Och Félicitatiounen un déi Leit vun der ITM, well déi jo awer och hu missen e groussen Deel Versteesdemech matbréngen an och e bësse Waasser an hire Wäin hu misse schëdden, wat hir Fuerderungen ubelaangt, mä awer trotzdeem do e gudden Deel dozou bäigedroen huet, dass dat Gesetz awer dat gëtt, wat mer an Zukunft brauchen.

Vu menger Säit aus muss ech natierlech soen, d'ITM kann och nëmmen opgrond vun deene Gesetzer agéieren, déi mir hei stëmmen. Wa mir natierlech hei Gesetzer stëmmen, déi géint d'Interesse vun Salariat sinn, wéi zum Beispill dat Horesca-Gesetz oder dat Gesetz iwwert de Reclassement, ech mengen, do kann d'ITM och kee retten. Do ka se och nëmmen am Kader vun deem Gesetz agéieren.

Dofir sollte mir vläicht, fir der ITM hir Aarbecht méi einfach ze maachen, dann awer och hei emol Gesetzer stëmmen, déi heiansdo am Interesse vun de Salariée sinn. Dat géif eis och emol gutt zu Gesiicht stoen.

Wat mer awer haut hei gefält, dat ass, dass zum Beispill hei dräi ehemoleg Gewerkschaftsprésidente vun deenen dräi gréisste Gewerkschaften hei am Land awer hei hir Zoustëmmung ginn hunn. Da muss dat Gesetz jo awer scho bal e gutt Gesetz sinn, well soss hätten déi hir Zoustëmmung jo natierlech net ginn. Also do kann ee schonn erëm hei weidert Vertrauen hunn an dëst Gesetz, wann esou eminent Salariatsvertreder hei dann och fir hir...

(Interruptions diverses)

Also, et weess een ni, wou een déi Leit ka brauchen, Här Fayot!

(Hilarité)

Et soll een awer heiansdo emol e puer Blumme schécken, och wann een d'Vas nach kann nogehelen, mä et ass alt...

(Hilarité)

Här President, ech sinn zwar e bëssen erstaunt, dass meng Kollegee vun der grénger Fraktioun sech elo hei bei deem Gesetz enthalten, ebe just opgrond vun deem, dass d'Fonction publique net hei mat abegraff ginn ass. Gutt, dat ass hiert gutt Recht. Ech ka se och verstoen, well mer dat jo alleguer wollten.

Mä wat ech dann awer net verstinn, dat ass, datt elo awer hei versicht ginn ass opgrond vun enger Motioun eben d'Regierung op de Wee ze bréngen, dass dat an Zukunft net méi esou soll sinn, an dass da mengen Informatiounen no awer déi gréng Kollegen déi Motioun net stëmme wëllen. Dat verstinn ech net an ech mengen do ass nach e bëssen Erklärungsbedarf. Mä do sinn ech awer iwwerzeugt, dat kënnen se jo gutt an do kënnen mer eis drop verloossen, dass se och do eng Erklärung fannen.

(Interruption)

Ech sinn zwar net vun deene chrëschtliche Feierdeeg ageholl, mä e bësse Chrëschtagestëmmung ass awer heiansdo gutt.

» M. le Président.- Merci, Här Jaerling. D'Regierung huet elo d'Wuert, den Här Aarbechtsminister François Biltgen, wann ech gelift.

» M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi.- Merci, Här President. Dat hei ass ee gutt Beispill, dat heite Gesetz, fir dat wat ech schonn d'lescht Woch gesot hunn zu ville Gesetzer, déi mer am Aarbechtsrecht maachen, ier d'Gesetz hei an der Chamber ass, dass schrecklech vill driwwer diskutéiert gëtt an d'Zeitunge voll sinn, grouss Ausenanersetzungen wéi schlëmm dat alles wär op där enger Säit an op där anerer Säit gëtt do geruddert, a wa mer bis fäerdeg sinn, dann hu mer leider muss ech jo soe keng Unanimitéit, mä e largë Konsensus, wouriwwer ech frou sinn, an da schwätze mer an engem ganz klengen Krees hei iwwer fundamental Reformen, déi awer laang Zäit gebraucht hu fir ze kommen.

Ech wëll och dofir alle Riedner Merci soen, fir d'éischt selbstverständlech och dem Marcel Glesener, deen et fäerdeg bruecht huet am schrëftlechen a mëndlechen Bericht esou vill zesummenzepaken, dass mer d'Debatten och hei méi kuerz hate wéi een dat hätt kënnen mengen. An dat huet och mat sech bruecht, dass all déi Riedner, déi virdu geschwat hunn, deenen ech all och wëll Merci soen, sech op wesentlech zousätzlech Froen beschränke konnten.

Ech wëll e Rappel maachen iwwert d'Geschicht vun deem Projet wéi en hei virläit, well effektiv wéi ech als jonken Aarbechtsminister ugetruede sinn, '99, ech en Avant-projet am Schreifdësch fonnt hunn - et ass net esou wéi wa virdrun net geschafft gi wär -, deen Avant-projet mir awer keng Satisfaktioun ginn huet, well ech der Meinung war, dass mer net méi kënnen elo just eng Reform maache vun eppes wat fréier war, mä dass mer eis mussen auserneesetzen, wat am 21. Jorhonnert op dem Secteur vun der Wirtschaft geschitt, an dass mer net méi eppes maache kënnen, wat dem industriellen Zäitalter ugepasst ass, mä dem postindustriellen Zäitalter.

(Interruption)

A mir haten dunn - an duerfir weess ech genee wéi et ugefaangen huet, dat war am August 2001, et war nodeem ech gewuer gi sinn, dass ech Kriibs hat - Diskussiounen, de Minister an d'Gewerbeinspektioun, an et sinn eng ganz Partie Froen opbliwwen, wou mer net eens gi sinn a wat fir eng Richtung mer sollte goen. A well ech net wosst wéi laang ech déi Zäit géif ausfallen an net wollt dee Projet och erëm eng kéier esou laang am Tirang leie loossen, hu mer d'Décisioun geholl fir de BIT ze froen, hie soll eis op déi fundamental Froen Äntwerte ginn, well de BIT och, ebe just wat d'Gewerbeinspektioun ass, deen ass, dee se an d'Liewe geruff huet mat der Konventioun N°81.

Doropshin ass eng Tripartitesmissioun op Lëtzebuerg komm an déi Tripartitesmissioun huet eis dann dee Rapport ginn. Dat ass eng gutt Saach fir eis gewiescht an och eng gutt Saach fir de BIT, well de BIT baut zënterhier op deenen Aarbechten op an hie war och ganz frou, dass Lëtzebuerg gefrot huet, hëlleft eis, an dass esou net nëmme Länner, déi keng Gewerbeinspektioun hunn, de BIT ëm Hëllef gefrot hunn. A mëttlerweil sti mir och do, wëll ech wierklech soen, am gudde Buch beim BIT, well mer si gefrot hunn, well mer se largement suivéiert hunn a well eist Beispill och erëm kann en exportabelt Beispill ginn an anere Länner.

D'Method wéi mer dat ëmgemat hu war eng duebel. Mir hu mat de Sozialpartner vill zesummege schafft, mir haten do e Grupp, an et gouf innerhalb vun der Gewerbeinspektioun och en Aarbechtsgrupp, wou d'Leit all dra vertruete waren.

Dat op wat ech elo nach wëll kuerz agoen, dat sinn dräi Punkten:

Dat Éischt ass deen: A wat fir engem Ëmfeld fonctionnéiert an Zukunft d'ITM?

Dat Zweet: Wéi gëtt se organiséiert?

An dat Drëtt: Wat sinn déi nei Pouvoiren, déi se kritt?

1) A wat fir engem Ëmfeld fonctionnéiert se?

Dat ass emol fir d'éischt d'Sozialpartnerschaft. Dat ass dee Projet, dee mer d'lescht Woch gestëmmt hunn, dee Comité permanent. Do soll gekuckt ginn, dass d'Gewerbeinspektioun net nëmmen als Verwaltung fonctionnéiert an dem Minister ënnerstellt ass, mä mat de Sozialpartner versiche soll eppes ze bewegen. Dat ass also e wesentlech Element, wat mer d'lescht Woch scho gestëmmt hunn.

Dat Zweet ass dee berühmte Comité de coordination, an et ass richteg, dass de BIT, de CHRIT, de Statsrot an nach vill anerer ëmmer erëm gesot hunn: Eigentlech soll een dat an engem Système d'inspection maachen. Iwwregens fanne mer dat och an Europa erëm an der Direktiv Sécurité/Santé, déi mécht net den Ënnerscheed vun deenen engen oder vun deenen aneren, déi seet: Jiddferee fält drënner. Esou dass ëmmer erëm verlanggt gouf vun där Säit, et soll een een eenzege System maachen.

Elo maache mer awer keen eenzege System aus enger Partie vun Ursaachen. Eng Ursaach ass déi, déi den Alexandre Krieps hei genannt huet, dat ass dat wat "d'old DP" Pacta sunt servanda genannt hätt, nämlech dass ofgemaach gouf mat der Fonction-publique-s-Gewerkschaft, dass si wuel déiselwecht Kritäre kréien, ëmmer déiselwecht Gesetzer mussen applicabel sinn, awer si ginn net vun der Gewerbeinspektioun kontrolléiert, mä vun enger eegener Verwaltung.

Ech soen dat, well ech et jo e bësselchen erstaunlech fannen, wou ee mëttlerweil an der DP "old" an "new DP" matenee fënnt, well wat d'ADEM ubelaangt huet "d'new DP" sech duerchgesat, well och do gëtt et de Prinzip Pacta sunt servanda.

Wat witzeg ass, Här Krieps, Dir hutt et selwer gesot, vu wéini déi Accordë sinn, déi waren an enger Zäit, wou d'DP an der Opposition war. Wat d'Netschafe vun Établissements publics ubelaangt, dat war en Accord, dee just den DP-Fonction-publique-s-Minister ofgemaach hat mat der CGFP. Do seet awer d'DP - wat ech ganz gutt fannen, muss ech soen -, majo gitt op en Établissement public, obwuel et just d'DP-Fonction-publique-s-Minister a -Statssekretär waren, déi dee Pakt do ofgemaach haten. Gutt!

(Hilarité)

Ech ginn lech awer nach ee weidert Argument dobäi, wuerfir ech soen: Komm mir kucken elo wat mer maachen. Ech hunn ee Prinzip, deen ech mer ëmmer zu Härz huelen: A chaque jour suffit sa peine. Wann ech kucke wéi laang ech selwer als Aarbechtsminister dru geschafft hu fir dat heite Gesetz ze kréien a wann ech weess wéi vill dat elo scho fir d'ITM bedeit vun Ëmstellung, da soen ech, komm mir maachen elo dat heiten an da kucke mer weider.

Et ass och an deem Sënn, Här Castegnaro, dass ech déi Motioun absolut kann akzeptéieren, well mir sollen och kucken: Wat bréngt deen neie Comité? Well deen neie Comité ass net esou „anodin“ wéi dat ausgesäit. Well et ass ganz kloer, an et ass hei ugeklongen, dass mer Leit hunn a Betriber, déi am Gruef zesummeschaffen, an deen

een huet deem ee Statut an deem aneren huet deem anere Statut, an do muss een da kucken, wie geet dohinner.

Wat mer nämlech musse verhënneren, dat ass, dass keen dohinner geet. An dat ass déi Gefor, déi effektiv am aktuelle System läit, an dofir, deem neie Comité de coordination, dee préfiguréiert emol eng Zesummenaarbecht, déi da vläicht effektiv an enger spéiderer Phas - ech géif soen, dat wär och e Wonsch - a méi engem organiséierte System ass. Mir hunn emol fir d'éischt dat hei geschaf, wat - dat muss ech och soen - och eng grouss Erausforderung ass fir den Aarbechtsminister, well deem dat Ganzt elo presidéiere muss. En hält sech jo kënne méi einfach Jobbe virstellen, mä ech mengen, datt et eng gutt Saach ass, datt mer op dee Wee ginn.

D'Madame Loschetter huet de Problem ugesprach vum Pavillon maritime. Jo, deem ass net mat dran, well do och eng politesch Décisioun ass, datt de Pavillon maritime säi ganz eegene System huet. Do muss ech soen, déi Schëffer leeë seelen zu Mäertert un, esou datt ech awer scho verstinn, datt mer do en eegene System hunn...

(Interruption)

...an en internationale Kontrollsystem opgebaut gëtt, deem op d'Mierer erausgeet.

Wéi gesot, wann ech schonn heiansdo Reprochen héieren, d'Gewerbeinspektioun wär net oft genuch um Terrain, fir ze kucken, wou Steeën iwwert de Weekend net stinn, da sinn ech frou, wa se ka goen, an op där anerer Säit awer muss ech och soen, si kann net alles maachen, soss bräicht se wierklech nach esou vill Leit méi, obwuel se der vill bäikritt huet, an da soen ech och, ech hunn elo léiwer, d'Gewerbeinspektioun geet elo emol hei zu Lëtzebuerg op den Terrain, ier datt se op d'Weltmierer kucke geet - och wann dat vläicht flott wär fir déi jeeweileg Inspekteren.

2) Zweete Punkt, d'Organisatioun vun der Gewerbeinspektioun. Dräi Punkten dozou: Proaktivitéit, Pluridisziplinaritéit an d'Roll vun den Inspekteren.

Proaktivitéit: Och do spillt dee Comité permanent du travail et de l'emploi eng Roll, dee mer d'lescht Woch gestëmmt hunn, dee just soll zum Beispill ofmaachen, datt am Joer 2008 kéinte mer ufänken - hei elo ee Sektour ass, dee mer eis 2008 virhuelen. Elo maache mer eis e Programm vu Culture de sécurité et santé an de Betriber. Mir informéiere mat de Sozialpartner d'Betriber, an da gi mer kucken, an da ginn nëmmen am Endeffekt déi Betriber sanktionéiert, déi net wëllen op deem Wee matgoen.

Dat ass also e wichtegt proaktiivt Element, an et kommen der zwee dobäi: Mir consacréieren hei am Text eppes, wat d'Gewerbeinspektioun scho mécht, nämlech d'Mediation, fir mat de Leit ze schwätzen an ze soen: Kënnt Der net am Gudden eens ginn?

D'lescht Woch hu mer jo d'Conciliation individuelle gestëmmt. Och do hu mer also ganz vill Proaktives an net nëmme Reaktives.

Dat Zweet ass d'Pluridisziplinaritéit. Ech ginn do op dat an, wat vu bal alle Riedner hei gesot gouf iwwert de Règlement grand-ducal. Den Här Spautz sot, elo muss e kommen.

Här Spautz, do hu mer just dat gemaach,

wat mer eigentlech mat anere Kapen zum Deel schonn ofgemaach haten, nämlech datt mer d'Sozialpartner hei mat abannen, well just d'Sozialpartner hunn - an do waren d'Gewerkschaften an d'Patronatsvertrieder oft enger Meenung - Problemer heiansdo domadder gehat, wéi dann d'Gewerbeinspektioun funktionéiert. Effektiv besteet déi Fro, dass ech muss kënnen uruffen an déiselwecht Äntwert kréien, ob ech am Norden oder am Süden uruffen, well soss sinn déi regional Agencé méi schiedlech wéi nätzlech. Mir sinn awer all der Meenung, datt d'ITM scho soll dezentral schaffen, mä da mussen d'Äntwerten zentral organiséiert ginn; da muss et eng Linn ginn an der ITM an dat muss da vun uewen erof kommen. Duerfir ass et wichteg, datt dee Règlement grand-ducal kënnt.

Mir waarden do op d'Sozialpartner - déi scho geschafft hunn - an da bréinge mer effektiv dee Règlement grand-ducal an, wéi ech et versprach hunn, da komme mer vir-drin an d'Chamberskommissioun mam Projet eran. Dee muss jo och nach mat der Gewerbeinspektioun ofgeschwat ginn. Wann dee bis steet, dann ass et vill méi einfach fir d'Direktioun, hiren ROI ze maachen. Dat ass awer wierklech d'Aufgab vun der Direktioun, deem ze maachen, deem organiséiert, wéi si schafft,...

(Interruption)

...net méi, awer och net manner.

Wat wichteg ass am neie Fonctionnement, dat ass, datt d'Leit um Terrain vill méi Pouvoiré kréien. Do ass een Artikel ganz wichteg, dat ass de 614-1, dee seet, datt d'Leit um Terrain ganz vill Pouvoiren hunn, mä ëmmer sous l'autorité d'un membre de la direction oder dem Inspecteur du travail dirigéant.

Wat heescht dat? Majo dat heescht, datt an der Gewerbeinspektioun - an dat gëtt déi gréisste Revolution an der Gewerbeinspektioun - engersäits d'Leit vill Pouvoiren hunn, mä dat muss mat uewen ofgeschwat sinn. Dat heescht och, datt déi Leit vun uewe sech net kënne verstoppen iergendwéi, mä datt se mussen disponibel sinn. Et geet duer, datt een op engem Terrain ass a seet: Elo ruffen ech emol deem Zoustännegen un, an da léisst dee mech gewäerden oder och net.

Dat gëtt vill méi en interaktiivt a pluridisziplinäert Verhalen an der Gewerbeinspektioun, wat eben elo net dra war, well deem Eenzege, dee Pouvoiren hat, den Direkter war. An dee war jo, wéi de BIT dat gesot huet, seelen um Terrain. Elo sinn d'Leit um Terrain, si hu Pouvoiren, mä et gëtt esou organiséiert, datt dat awer an e Ganzt passt. Duerfir ass dee 614-1 de Kärpunkt vum System.

Da sinn d'Inspekteren, déi d'Kontrolleren ersetzen, och eppes Neies. Bis elo sinn nëmmen d'Kontrolleren op den Terrain gaangen. An Zukunft kréie mer vill méi Inspekteren, an do mussen och d'Leit méi op den Terrain goen - vun uewe bis ënnen. Och dat ass also eppes, wat ganz nei ass.

De Marc Spautz huet gefrot: Wat ass mat de Kontrollere vun der ADEM? À chaque jour suffit sa peine. Mir maache jo eng Reform vun der ADEM, an do wäerte mer dee Punkt dann och ugoen.

De Statut vun de Kontrolleren huet de John Castegnaro opgeworf. Dat ass e Punkt, dee mer versicht hunn, esou gutt wéi méiglech ze léisen, an esou ze léisen, wéi de BIT eis et virgeschriwwen huet, nämlech ze soen, de System gëtt ofgeschaf, well de System hat net d'Apparence vun der Indépendance; well Dir wësst jo, wéi et funktionéiert huet: D'Gewerkschaften hunn dem Aar-

Sommaire des séances publiques

Communications	pages 163-164
Ordre du jour	page 164
Question urgente N°2162 de M. Félix Braz relative à l'affaire Bommeleeër	page 164
5800 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2008 (suite)	
- Discussion générale	pages 164-183
- Vote et dispense du second vote constitutionnel	page 184
- Motion	page 184
Ordre du jour	page 183
Déclaration de M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, sur le Kosovo à l'issue du Conseil «Affaires générales et Relations extérieures» (CAGRE), suivie d'un débat	pages 184-186
5692 - Projet de loi portant approbation des Accords entre l'Union économique belgo-luxembourgeoise et certains pays tiers concernant l'encouragement et la protection réciproques des investissements	page 187
Dépôt d'une motion par M. Claude Adam	page 187
Question avec débat N°29 de Madame Claudia Dall'Agnol au sujet du carnet de l'habitat	pages 188-189
Question avec débat N°27 de M. Henri Kox au sujet de l'aménagement du site de la WSA (Warehouse Service Agency) et de la stratégie gouvernementale en matière de développement du secteur de la logistique	pages 189-190
Débat de consultation sur les orientations de l'école primaire en matière de compétences linguistiques, sur le développement des compétences scientifiques de la jeunesse luxembourgeoise ainsi que sur les cadres à créer pour permettre à l'école luxembourgeoise de maintenir, voire de développer sa compétitivité (Études PISA et PIRLS 2006)	pages 190-199
5239 - Projet de loi	
a) portant réforme de l'Inspection du travail et des mines	
b) modification du Titre Premier du Livre VI du Code du travail	
c) modification de l'article L. 142-3 du Code du travail	pages 199-206

bechtsminister zwee Nimm virgeluecht, da konnt den Aarbechtsminister deem erauswielen, an en huet ëmmer deem éischte geholl. Heiansdo huet et ëm ënnert de Fangere gebrannt, fir deem zweeten ze huelen.

(Interruption)

Dat hätt de Gewerkschaften normalerweis net gefall...

(Interruption)

...an dann hunn d'Gewerkschafte misse bestätegen - wat se ëmmer gemaach hunn - an dann ass dee komm.

Wat een natierlech och muss wëssen: Déi Kontrolleren, dat ware jo Leit, déi um Terrain geschafft hunn, déi haten oft keng Schoule gemaach. Dat huet herno geännert, mä dat ware Leit, déi opgrond vun hirer gewerkschaftlecher Aktivitéit och ganz vill gesonde Mënscheverstand matbruecht hunn. Déi wäeren, wa se beim Stat ageallt ginn, an de Graden 2, 3, 4 oder esou weider ageallt ginn. Si sinn awer hei automatesch an den 8bis komm, mä als Employé, wou se keng Pouvoiren haten.

Wat mer elo gemaach hunn, dat ass ze soen, déi Leit dierfen awer och näischt verléieren, déi géifen dat also consolidéiert kréien. Dat ass eben e bëssen de Problem - do huet den Här Castegnaro Recht - vun der aktueller Schwéierfällgkeet, fir oppe Carrièren ze maachen, mä déi Leit kréien elo Pouvoiren, si gi fonctionnaliséiert a verléieren awer näischt par rapport zu deem, wat se virdrin haten.

Ech muss soen, datt dat jo länger Diskusiounen waren, well mir hate jo eng Commission jointe och mat der Commission de la Fonction publique, wou gesot ginn ass: Woufir maacht Der hei eng aner Fonctionnarisation wéi soss beim Stat? A wann Der d'Chambre des Fonctionnaires publics gelies hutt, dann hunn déi dat och gesot.

Awer hei hu mer gesot, majo hei geet et net dorën, en Employé ze fonctionnaliséieren, hei gëtt eng Carrière duerch eng nei Carrière ersat, an dann ass et awer richtig, datt déi Leit elo wierklech deenen anere gläichgestallt ginn.

De Marc Spautz huet gefrot nom Recrutement. En huet do gesot, mir sollen och an Zukunft der Experienz Rechnung droen. Dat steet am Artikel 5. Am Artikel 5 steet, datt mer kënne - dat ass eng Kann-Bestimmung - Leit rekrutéieren nom Avis vum Comité permanent du travail et de l'emploi a Kritären opsetzen, an datt do kann der Experienz Rechnung gedroe ginn.

De Gast Gibéryen huet gefrot: Mussen déi Leit net och méi mat Spezifisitéite rekrutéiert ginn? Och dat steet am Gesetz. Dat ass den Artikel 3, Paragraph 2, datt mer

kënne e Règlement grand-ducal maachen, wou mer net nëmmen déi üblech Froe stellen, déi ee muss hu fir bei de Stat ze kommen, mä wierklech och méi kucken, wat d'ITM brauch, wa se Leit wëllen astellen. Also, do hu mer Méiglechkeete fir deenen zwee Souciën, déi do komm sinn, Rechnung ze droen.

3) Dann drëtten a leschte Punkt: d'Pouvoiren. Ech hunn dat eent scho gesot: An Zukunft kënne d'Leit um Terrain selwer intervenéieren, wat se bis elo net konnten. A wat ganz wichteg ass, sinn déi Sanctions administratives. Déi net geholl ginn, wann ee géint d'Gesetz verstéisst, well do gëlle jo d'Peines pénales, an da geet den Dossier op de Parquet, mä hei ass et esou: Wann den Inspekter seet zum Beispill, deng Stee hei ass kromm - wat ëmmer erëm virkënt, mir fannen ëmmer kromm Steeën - an elo gëtt d'äi Schantjen zougemaach an du hues esou vill Zäit, en Dag oder zwee, an da kommen ech nach eng Kéier kucken a wann dann d'Stee nach ëmmer kromm ass, dann huet den Direkter d'Méiglechkeet eng Amende administrative ze verhänken, wou den Direkter muss eng gewësse Latitude hunn.

Dir hutt gesot: Jo, wéi geet dat dann elo? Do kënnt herno Gutdünken eraus! Hei ass et jo och esou, datt et Recours gëtt. Wann elo géif den Direkter vun der Gewerbeinspektioun hei à la tête du client verfueren, da géif d'Gericht séier do agraifen, an duerfir ass effektiv eng Aufgab, déi d'Direktioun sech muss ginn, déi, sech selwer eng gewësse Richtlinn ze maachen, well, wa se eng Kéier engem weinst enger krommer Stee esou eng Amende gëtt, jo da ka se net deem aneren dat Zéngfacht oder nëmmen d'Hal-schent dovunner ginn. Dat heescht, do muss sech innerhalb vun der Gewerbeinspektioun eng gewësse Latitude astellen an och ee gewëssent Regelwierk muss sech gi ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat gesot sinn ech ganz frou, datt Der esou massiv fir dat Gesetz stëmmt, och wann et net haut de Fall ass, mä dann d'nächst Woch, wou ech leider am Ausland wäert sinn, mä d'Haaptsaach ass, d'Gesetz gëtt gestëmmt.

Ech soen lech Merci.

» Plusieus voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Minister. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir sinn elo um Schluss vun eisen Debatten ukomm. Déi nächst Sitzunge si programméiert fir den 18., 19. an 20. Dezember.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 20.04 heures)

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

d'Wort, Tageblatt, Lëtzeburger Journal, Zeitung vum Lëtzeburger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:

Polygraphic Communication SA, Differdange

Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg